



public, c'est un fourre-tout juridique.» Mat dem Ënnerscheed, dass et a Frankräich eng Basisgesetzgebung gouf fir en Établissement public, a bei eis iwwerhaapt net. Duerfir géif ech soen: «Chez nous, l'établissement public, c'est un fourre-tout, mais pas juridique.»

Duerfir versiche mer jo och mat Litigen, mat der CGFP, ënner anerem gesot, ze kucken och eis eng Philosophie ze maachen iwwer Établissements publics. Et ass en Ënnerscheed, ob en Établissement public en Organe indépendant ass, dee Pouvoirs exécutifs huet, déi net d'Regierung huet, oder ob et zum Beispill e kulturellt Institut ass. Dat sinn zwee verschidden Établissements publics.

Mir müssen also kucken, verschidde Regeln ze maachen.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Den Här Schaack huet viru Joren eng Etüd an Optrag gi gehat iwwert d'Établissements publics. Firwat hu mer dann d'Konklusiounen dovun ni ëmgésat kritt?

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Well mer net eens gi si mat der CGFP fir déi dote Konklusiounen, déi effektiv an enger Etüd erauskomm sinn, déi den Här Schaack an Optrag ginn hat, wéi e Statssekretär fir d'Fonction publique war, well d'CGFP déi dote Konklusiounen net akzeptéiert huet. Duerfir si mer nach a Litige mat der CGFP.

(*Interruption*)

An dee Litige ass net vidéiert.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Deen dauert scho laang, dee Litige!

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- De Litige ass eng staatlech Prozedur an déi muss een tant soit peu respektéieren.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Deen dauert elo schonn zéng Joer, dee Litige!

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Duerch dee Litige hunn ech et ni fäerdeg bruecht, wéi ech nach eng Kéier Aarbechtsminister war, fir zum Beispill en Établissement public ze maachen an der ADEM. Den Här Schmit seet mer elo, mir packen et och ouni. Tant mieux. Bonne chance! Well et ass wichteg, dass do eppes geschitt.

(*Interruptions diverses*)

Ech schwätze jo ni iwwer mäin ehemalegt Departement. Ech soe just, dass den Här Schmit do mäin totale Support huet. Sou.

(*Brouhaha*)

Nach eng Kéier: Mir müssen also en Ënnerscheed maachen och an Zukunft, wat en Établissement public ass, firwat e steet. Mir müssen eppes maache fir Organes indépendants. Duerfir soen ech och, wat d'Mandater ubelaangt, fënnef, siwe Joer muss mer eng Kéier kucken, Streamlining ze maachen. Do soen ech nach eng Kéier: De Fonction-publique-s-Minister oder déi zwee Fonction-publique-s-Ministere wëllen dat maachen am Kader vun der Diskusioun „Gehälterreform“.

Och do soen ech: Et ass awer en Ënnerscheed, ob ee President ass, President ass vun...,

(*Interruptions*)

...ob een Direkter ass vun enger Administratioun oder President ass oder Directeur général vun engem Organe indépendant.

Duerfir, wat d'Mandater ubelaangt, huet d'Madame Brasseur Recht. Mir müssen eng Kéier kucken, wéi mer dat an Zukunft maachen. Mir müssen en Ënnerscheed maachen tëschent enger staatlecher Verwaltung, wou de Minister nach ëmmer den Tutellesminister ass, an engem Organe indépendant. Dat wëlle mer och selbstverständlech maachen.

Mir mengen net, dass et eng aner Form gëtt wéi Établissement public an eisem Gebitt. Soss muss mer eng ganz nei Saach kreéieren. Mä mir müssen den

Ënnerscheed maachen tëschent Établissement public an Établissement public. Dat heescht, mir muss wiereklech - an do kommen ech op dat zréck, wat den Här Bausch gesot huet - eng Hierarchie maachen: „Wat ass d'Aufgab vum Établissement public?“ An da muss deen Établissement public déi Regele kréien, deen déi Regeln, deen déi Regeln. Dat soen ech, et ass effektiv viles an där Etüd dran, déi scho bal zéng Joer al ass. Mä dat muss mer och kennen ëmsetzen.

Zum ILR: Här President, kréien ech nach zwou Minutte méi?

(*Brouhaha*)

► **M. le Président**.- Dat sinn dann awer déi lescht fir haut, Här Minister.

(*Interruptions diverses*)

Neen, mir lauschten elo de Minister. Ech mengen, et sinn hei eng Rei Froe gestallt ginn un de Minister. Et schéngt mer awer normal ze sinn, datt de Minister dorobber äntwert.

(*Brouhaha*)

Här Minister, da fuert och elo virun!

(*Interruptions*)

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Mä de Minister huet sech vergiess. En huet jiddwerengem Merci gesot, just sech selwer nach net!

(*Interruptions*)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (*CSV*).- ...net, datt den Här Biltgen, Minister senges Zeechens, hei calme bleift an net op Är Provokatiounen ageet.

► **Plusieurs voix**.- Ooohhh! Aaahhh!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (*CSV*).- An ech soen lech, datt en nach eng Véirelstonn schwätzt!

► **M. le Président**.- Sou, hei, ech géif elo bieden, déi Dialogen tëschent Kollegen ze ënnerloossen an elo ganz eleng...

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Här President, dat ass eng Provokatioun vum Här Schiltz!

► **M. le Président**.- ...ganz eleng dem Minister nozelauschten. Här Minister, loosst lech elo net aus der Rou bréngen! Fuert elo virun, Här Minister!

(*Interruptions*)

Här Minister!

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Zwou Minutten, Här President. Well awer eng Partie Froen och zu dem Rôle vum ILR gestallt gi sinn.

Zum Beispill huet den Här Colombero gefrot: Een ILR oder e puer ILRen? Vu dass mer keng Erfahrung hunn an dësem Land mat indépendanten Organen, hu mer et all besser fonnt, et fënnt een een ILR. Well dat eent ass d'Technicitéit. Natierlech ass d'Bunn, also dat sinn d'Schinnen, d'Bréifpost, Telekom respektiv Energie eppes aneschers. Mä hannendru stécht ëmmer eng indépendante Approche vu Liberaliséierung am Kader vun enger Regulatioun, a virun allem an enger europäescher Regulatioun.

Mir mengen, dass en ILR, deen e puer Fonctiounen huet, besser gestiiwelt ass sech ze verteidege par rapport zu de Privatopérateuren - well et geet jo heidrëm; ëm den Intérêt public par rapport zu de privaten Opérateuren, och wa se dem Stat gehéieren, respektiv och par rapport zu Europa.

Duerfir menge mer, dass et an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg besser ass, mir regruppéieren an engem ILR. Duerfir och haut wichteg dat Gesetz, fir fënnef Direkteren ze hunn, an net méi dräi. Ee Generaldirekter a véier anerer. Well dat et fäerdeg bréngt, e Collège ze fannen, wou een all Kompetenzen erëmfënnt.

Duerfir wëll ech nach eng Kéier och dat soen hei op der Bühn, well de Marcel Oberweis hat déi Fro opgeworf als Rapporteur an der Kommissioun: Wann elo d'Mandater nei ginn, wann elo d'Mandater nei kommen, heescht dat, dass déi Leit, déi do sinn, net méi dierfe postuléieren? Neen, hei kommen nei Mandater. Déi Leit, déi do sinn, kënnen frësch postuléieren. Mä mir kréien nei Leit a mir wäerte

versichen, eng Équipe ze fannen, déi effektiv op all Froen do eng Äntwert huet. Well Dir wäert gesinn, dass den ILR net nëmme muss kämpfe mat de Leit heibannen. E muss och kämpfen an Europa par rapport zur Kommissioun, dass och nach iergendwéi de Lëtzebuerger Régulateur eng Roll ze spillen huet. An ech mengen, dass mer hei op där richteger Schinn sinn.

Ech mengen och, dass déi Froen, déi gestallt goufen, richtig sinn. Ech mengen och, dass mer haut net, an och ech net, souguer wann ech 20 Minutte méi gehat hätt, net all Äntwert op all Fro gehat hätt. An ech mengen, mir sollen och an Zukunft, wa mer eng Verfassungsreform maachen, eis och mat deenen Organen indépendants auserneesetzen. Well dat ass eppes, wat mer, zënterdeem et eis als Stat gëtt, net kannt hunn, wat eis vun Europa octroyéiert gouf, wat eng angelsächsesch Method ass, déi net onbedéngt duerfir schlecht ass, mä mat där mer muss kucken, eis Spillregeln ze fannen, fir dass se eisem Land an eise Leit méi bréngen.

Duerfir sinn ech frou, dass mer dat Gesetz hei stëmmen. Duerfir wëll ech och nach eng Kéier soen, dat Gesetz gëtt méi hier, wéi een einfach mengt, wann een et liest. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer eis och nach iwwer all déi Froen nach eng Kéier auserneesetzen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6123 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Claude Haagen), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

*S'est abstenu: M. André Hoffmann.*

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(*Négation*)

Dat schéngt mer net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6147, eng Ofännerung vum Code du Travail. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Kaes, Bauler, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen, den Här Hoffmann an den Här Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.



## 2. 6147 - Projet de loi

**1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail;**

**2) modifiant les articles L. 513-3, L. 521-7 et L. 523-1 du Code du Travail;**

**3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail**

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

► **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Bekämpfe vum Chômage ass déi gréisste sozialpolitesch Erausforderung, där mer eis an där aktueller Kris ze stellen hunn.

Niewent dem Chômage vun de jonke Leit a virun allem den net oder weëneg qualifizéierte Leit muss mer feststellen, dass sech eng Aart Chômagezort ëmmer méi verschlëmmert, an zwar déi vum Laangzäit chômage. An dat virun allem bei eise méi eelere Matbiergerinnen a Matbierger, fir déi et ëmmer méi schwéier gëtt, erëm an den Aarbechtsprozess eranzefannen. Genau dese Leit ab 45 Joer ënnert d'Äerm ze gräifen, ass den Haaptobjekt vum Projet de loi vun haut.

Här President, och wa mer säit kuerzem eng llicht wirtschaftlech Relance verzeechen, an och wa säit Mäerz vun dësem Joer eis Chômagetauxen erofginn, esou bleift d'Situatioun um Aarbechtsmaart dach gespaant. No dem Krisenhierscht 2008 ass d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg staark geklommen. Nach am August 2008, also virun zwee Joer, waren 9.374 Leit als Demandeurs d'emploi hei zu Lëtzebuerg ageschriwwen, wat engem Taux vu 4,2% entsprach huet. Dës Zuel ass vun do u konsequent an d'Luucht gaang an huet hire Maximum dëst Joer am Februar 2010 erreicht, wou 15.222 Leit op der Sich no enger Aarbecht waren.

D'Wirtschaftskris war am Ufank eng Kris vun de Finanzmäert an ass dofir net esou richtig vun der Gesellschaft wouergeholl ginn. Kuerz Zäit duerno hunn hir Auswierkungen an der Realwirtschaft besonnesch déi scho Vulnérabel ënner eis am häertste getraff. Also déi Leit, déi keng oder just weëneg Ausbildung hunn. Jonk Leit, déi nach keng berufflech Erfahrung maache konnten. Leit, déi prekär an/oder zäitlech begrenzten Aarbechtsplazen hunn, an déi ugesprachen net méi sou jonk Mënschen ëm déi 45 a 50 Joer. An ech zitieren an deem Sënn eise Statsminister Jean-Claude Juncker bei senger Erklärung zur Lag vum Land dese 5. Mee: „...well ëmmer méi Leit ronderëm deen Alter an de Chômage geroden a sech schwéier um Aarbechtsmaart replacéiert kréien“.

Här President, all déi Mënschen, déi keen dauerhaft a séchert Akommes hunn, gi besonnesch geschwächt aus dëser Kris eraus, an deem gëllt et elo entgéintzewirken.

Als sozialistesche Fraktioun begrësse mer et besonnesch, dass den Aarbechtsminister Nicolas Schmit bis elo schonn eng ganz Rei Initiativen ergraff huet, fir genee dese Kategorië vu Leit zu enger Aarbecht ze verhëllefen. Ech erënnere un de Projet de loi vum Oktober 2009, fir de Chômage vu jonke Leit ze reduzéieren, de Projet „Fit for job“, dee sech konkret fir eng Réinsertioun vu Leit asetzt, déi hir Aarbecht am Bankensektor verluer hunn, an och d'Initiativ Jobforum, déi als Bourse fir d'Aarbecht ka beziechen ginn an als Zil huet, eeler Aarbechtsloser nees op den Aarbechtsmaart ze reintegréieren.

De Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ass speziell a leit ënner engem strukturelle Pro-





blem, an dëst net eréischt säit kuerzem. Souguer bei engem héije wirtschaftleche Wuesstum, wéi et an de Joren 2003 bis 2007 de Fall war, an obwuel tëschent 2004 an 2009 ronn 55.858 Aarbechtsplaze geschaf goufen, ass eise Chômagetaux awer kontinuëierlech eropgaangen. Dëst ass ënner anerem drop zréckzeféieren, dass mir keen essenziell nationalen Aarbechtsmaart hunn, mä en transnationalen um Niveau vun der Groussregioun. D'Konkurrenz op eisem Aarbechtsmaart ass deemno besonnesch grouss a mécht et Leit ouni oder mat ganz wéineg Qualifikatioun an och méi eelere Leit ganz schwéier, sech ze behaapten.

Een aneren europawäite Problem ass deen, dass eeler Leit am Berufsliewen nach ëmmer als ze deier ugesi ginn an deemno oft duerch méi jonker ersat ginn, déi manner bezuelt ginn an déi och éischter en zäitlech limitéierten Aarbechtskontrakt akzeptéieren.

Fakt ass och, dass d'Alterspyramid sech zousehendst ëmdréint an et dowéinst et ëmsou méi wichteg ass, d'Approche vis-à-vis vun eelere Leit um Aarbechtsmaart ze änneren. Et muss een Équilibre geschafe ginn tëschent Jonken an Alen an am Berufsliewe wierklech fir déi Leit fonnt ginn. Eeler Leit dierfen net weider als Charge ugesi ginn, mä als en essenziellen Atout fir d'Wirtschaft a fir d'Gesellschaft, an dëst opgrond vun hirer Erfahrung, sief et professionell oder mënschlech.

Europawäit gëtt d'Strategie „EU 2020“ sech als Zil, en Taux d'activité vu 55% fir Aarbechter iwwer 50 Joer ze erreechen. Dofir brauche mir och hei zu Lëtzebuerg eng proaktiv Beschäftigungspolitik, déi op d'Besoin vu verschidde Kategorië vu Leit ageet an duerch geziilt Moosnamen a Formatiounen, déi nees sécher ass, fir dass déi Leit erëm op den Aarbechtsmaart kënnen bruecht ginn.

Well duerch eng einfach Gestioum vum Chômage an d'Ausbezuale vum Chômagegeld kënnen mir eis keng Verbesserung erwaarden, mais bien au contraire, an dës passiv Attitüd muss definitiv der Vergaangenheet ugehéieren.

Här President, am Projet de loi vun haut ënnerscheede mer an zwou Kategorien, zwee Kapiteln tëschent transitoreschen an definitiven Ëmännerungen am Code du Travail.

Am éischte Kapitel ginn déi temporär Mesurë während 24 Méint nom Akraafttriede vum Gesetz applizéiert. Si ginn duerfir net definitiv an de Code du Travail ageschriwwen, mä ginn, d'selwecht wéi d'Moosnamen, déi am Hierscht d'lescht Joer fir déi Jonk geholl gi sinn, an enger Foussnout awer dra mentionéiert.

Dorënner fält virun allem eng weider Verlängerung vu spezielle Mesuren, wat d'Kuerzaarbecht ugeet. Dës Mesurë waren opgrond vun der Kris jo schonn duerch d'Gesetz vum 9. Mee 2009 eng Kéier verlängert ginn a sollten dann elo bis Enn 2011 gëllen. D'Zréckgräifen op d'Kuerzaarbecht huet sech a Krisenzäiten als ganz effikass bewäert, andeems se dausende vun Aarbechtsplazen erhalen konnt. D'Unzuel vun den Nofroen, fir vun dësem Instrument kënnen ze profitéieren, weist engem eréischt richteg, wéi vill Betriber duerch déi generell Rezessioun an d'La-bränte komm sinn.

Am Joer 2008 waren et an der Moyenne pro Mount ongeféier aacht Betriber, déi eng Demande op Chômage partiel gestallt hunn. Am Joer 2009 waren et der 129. D'Käschte vum Chômage partiel, déi vum Fonds pour l'emploi gedeckt sinn, si vun 208.000 Euro am September 2008 op bal néng Milliounen Euro am Januar 2009 eropgaangen. Iwwert d'ganz Joer 2009 hunn 183 Betriber vun dësem Outil kënnen profitéieren, wat de Fonds pour l'emploi ongeféier 61,5 Milliounen Euro kascht huet.

De Gesetzestext vun haut gesäit vir, dass all Betrib, deem seng Aktivitéit staark erofgaangen ass, eng Demande op Kuerzaarbecht erareeche kann. An dëst och, wann net de ganze Secteur als krisegefährdet klasséiert ginn ass. Dat gëllt fir Betriber, déi op d'mannst eng Reduktioun vu 40% vun hirer Aarbechtsstonnen ze verzechnen hunn an awer am Virfeld e Plan de maintien dans l'emploi respektiv

en Accord mat de Sozialpartner ofgeschloss hunn.

Fir de Betriber de wirtschaftlechen Opschwung ze erliichteren, gesäit de Gesetzestext ausserdeem vir, dass de Fonds pour l'emploi d'Part patronale vun de Sozialcotisatiounen iwwerhëlt fir déi Betriber, déi säit sechs Méint scho vum Chômage partiel profitéieren. A spezifesch Fall an zu verschiddene Konditiounen iwwerhëlt de Fonds pour l'emploi och d'Indemnités de compensation fir d'Joren 2009, 2010 an 2011.

Här President, de Projet de loi vun haut leet och eng ganz grouss Opmierksamkeet op de Laangzäitchômage, deen zousehendst e grouse Problem hei zu Lëtzebuerg duerstellt. Am Abrëll 2010 ware 5.393 Mënsche méi wéi zwielef Méint laang am Chômage. Enn 2009 ware vun 2.931 Chômeuren iwwer 51 Joer méi wéi d'Halschent schonn iwwer zwielef Méint am Chômage. Ënnermauert gëtt dëst och duerch d'Étude économique vun der OECD vun dësem Joer, wou steet, dass de Laangzäitchômage sech hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Jorzéngten, also an deene leschten zéng Joer verduebelt huet, an dësem gëllt et elo endlech konsequent entgéintzewirken.

Et ass kloer, wann eng Persoun méi laang am Chômage ass, wat d'Chancë fir eng nei Aarbecht ze fannen ëmmer méi kleng ginn. Fir dass dës Leit awer en humant Akommes weider behalen an net dem Armutsrisiko ausgeliewert sinn, gesäit dës Projet de loi punktuell Verännerunge vum Ausbezuale vum Chômagegeld vir.

Dat heescht awer net, dass et eng generell Eropsetzung vun den Indemnitéite gëtt. Den Alter, fir eng Verlängerung vu sechs Méint Chômage ze kréien, gëtt vu 50 op 45 Joer erofgesat, wann dës Mënschen eng Affiliatioun vun 20 Joer Pensiounsassurance virweise kënnen.

Weider kënnen och Leit, déi no sechs Méint Kuerzaarbecht gekënnegt kréien, oder Leit, déi hir Aarbecht duerch eng Faillite vun hirem Betrib verluer hunn, eng maximal Verlängerung vun hirem Chômagegeld vu sechs Méint kréien.

Et ass awer wichteg ze ënnersträichen, dass dës Moosname just effikass sinn, wa se am Zesammenhang mat enger Rei Formatiounen, Orientatiounen stinn, déi d'Employabilitéit vun deene Concernéierte konkret steigert an hinnen esou besser Chancen op eng nei Aarbecht opmécht.

D'Chômageindemnitéite sinn am Moment op 80% vum leschte Bruttoloun an op 2,5-mol de sozialen, net qualifizéierte Mindestloun plafonnéiert. Fir datt de Chômeur méi laang e stabil Akommes huet a geziilt no enger neier Aarbecht siche kann, gëtt de Plaffong ëm dräi Méint verlängert an eréischt no néng Méint, amplaz wéi elo schonn no sechs Méint, op 2-mol de Mindestloun erofgesat. D'Erofsetzen duerno op 1,5-mol de Mindestloun gëtt mat dësem Projet, wéi et elo ass, temporaire ausgesat a bleift bei 2-mol de Mindestloun.

Fir d'Laangzäitchômeuren, déi iwwer 30 Joer al sinn, dauerhaft an d'Berufsliewen ze reintegréieren, gesäit dës Projet de loi och vir, dass en Employeur, deen esou e Mënsch stellt, no engem Joer, wann den Aarbechtskontrakt dann nach besteet, 80% vum Salaire vun deenen éischten dräi Méint vum Fonds pour l'emploi rembourséiert kritt.

Här President, am zweete Kapitel vum Projet de loi geet et ëm déi definitiv Changementer am Code du Travail. Am Kader vun den Dispositiounen, fir eeler Salariéë méi laang um Aarbechtsmaart ze halen, gesäit de Projet de loi vir, d'Lëscht vun deene Sujeten, déi am Kontext vun engem Plan de maintien dans l'emploi diskutéiert musse ginn, ze complétéieren.

Mam Zil, eng séier Aktivatioun vun den Demandeurs d'emploi ze erzilen, hat déi initial Versioun vum Gesetzestext virgesinn, dass déi Leit, déi en Entloossungsbrëif kruten, sech an Zäit vu 15 Deeg musse bei der ADEM aschreiwen. All Retard géif duerch eng Kierzung vun den Indemnitéite bestrooft ginn. De Statsrot huet a sengem Avis eng Opposition formelle zu dëser Dispositioun ausgesprochen, mat der Begrënnung, esou eng Situatioun géif generell d'Demandeurs d'emploi als net

aarbechtswëlleg dohistellen an hinnen ënnerstellen, dass si sech net séier genuch géife beméien, fir eng nei Aarbecht ze fannen. En plus wär et dee falsche Wee, duerch Sanktiounen Leit wëllen ze motivéieren an ze aktivéieren.

An hirer Sitzung huet eis parlamentaresch Kommissioun der Opposition formelle vum Statsrot Rechnung gedroen an dësen Artikel aus dem Projet de loi gestrach.

D'Approche vun enger séierer Aktivatioun vun den Aarbechtslosen ass awer nach wie vor eng Prioritéit a soll dem Aarbechtsminister no duerch aner praktesch Moosnamen am zukünftige Gesetz iwwert d'Reform vum Aarbechtsamt konkretiséiert ginn.

D'Mise au travail kritt duerch de virleiende Gesetzestext en neien Numm a gëtt ab elo Occupation temporaire indemnisée - OTI - genannt. Vu dass d'Indemnité complémentaire säit hirer Aféierung net méi ugepasst gouf, gëtt se duerch dës Projet de loi och eropgesat. D'Modalitéiten zu der OTI souwéi de Montant ginn an engem Règlement grand-ducal festgehalten.

Och bei dësen Dispositiounen begrësse mer et ganz staark, dass eng Ausnahm bei der Durée vun der OTI fir Leit iwwer 50 Joer, déi en fin de droit kommen an och keng aner sozial Moosname méi kënnen ufroen, gemaach gëtt. De Gesetzestext gesäit deemno vir, dass si eng Verlängerung iwwert déi reglementär sechs Méint eraus kënnen genehmegt kréien. Eng extra Kommissioun analyséiert d'Situatioun vun deene Chômeuren a gëtt en Avis un d'Direktioun vum Aarbechtsamt, déi dann eng Décisioun iwwer eng méiglech Verlängerung vun der OTI hëlt. Dës Verlängerung ka während maximal zwielef Méint laang erneiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Am Kader vun den Tripartitesgespräicher vum Abrëll dëst Joer huet eisen Aarbechtsminister Nicolas Schmit mam Comité permanent pour le travail et l'emploi an de Sozialpartner eng Rei Mesuren ausgeschafft, fir d'Problematik vum Chômage séier an awer och dauerhaft an de Griff ze kréien.

De Gesetzestext, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass deemno d'Resultat vun dësen Verhandlungen. Mat dësem Gesetz setze mir e weidere Jalon an der Bekämpfung vum Chômage. Den Haaptakzent bei dësem Gesetz läit bei Moosname géint de Laangzäitchômage, an dat virun allem bei eise méi eelere Matbiergerinnen a Matbierger, déi et ëmmer méi schwéier hunn, erëm eng Aarbecht ze fannen, wa se emol bis am Chômage sinn. Dëser wichtiger sozialpolitescher Eerausforderung versiche mir eis ganz besonnesch an där aktueller Kris ze stellen.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Roger Negri. Als éischte Riedner ass den Här Ali Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Ali Kaes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'Éischt dem Här Roger Negri, dem Rapporteur, fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport Merci ze soen.

Kolleginnen a Kolleegen, am Mee 2010 waren 13.438 Leit als Demandeur d'emploi bei der ADEM ageschriwwen. Et waren der 673 manner wéi am Abrëll, mä bal 1.000, dat heescht, fir genau ze sinn, 956 méi wéi am Mee 2009. Am Mee 2010 louch de Chômagetaux bei 5,7%, dat sinn 0,3% manner wéi de Mount virdrun, a souguer 0,7 manner wéi am Februar, wou de Chômage hei am Land mat 6,4% en historeschen Niveau fir eis Verhältnisser errecht huet, mä ëmmerhin 0,3% méi wéi d'lescht Joer ëm déiselwecht Zäit.

Aner Länner, Dir Dammen an Dir Hären, dreemennach ëmmer vun esou engem Prozentsaz. Nom Eurostat läit de Chômage an der Eurozon bei ronn 10%. An de 27 EU-Länner ass e liicht méi niddreg bei 9,6%. Innerhalb vun der EU gëtt et awer Länner, wou d'Kris sech mat besonnescher

Heftegkeet op d'Aarbechtswelt niddergeschloen huet. Spuenien, zum Beispill, kämpft mat enger explosiounsarterger Aarbechtslosegkeet. Bal 20% vun de Spuenier sinn am Chômage. An aneren europäesche Länner ass u sech d'Situatioun net gradesou dramatesch wéi zum Beispill a Frankräich, wou awer ëmmerhin zéng Salariéen op honnert keng Aarbecht hunn.

Och wann eis Zuelen am Verglach mam Ausland u sech net esou schlecht sinn, fir dat einfach emol eng Kéier esou auszedecken, stelle se fir eist Land u sech en Novum duer. Zënter der Stolkris ass et eisem Aarbechtsmaart nach ni esou schlecht gaang wéi an deenen zwee leschte Joren. D'Kris huet hiren Tribut verlaangt, an deen ass ganz batter.

Hanner Zuele stinn nämlech Leit a stieche Familljen. Verschiddener sinn amgaangen, ganz kloer ëm hir Existenz ze fäerten. An och wann et souguer ausgesäit, wéi wann dat Schlëmmst hanner eis wär, ass d'Reprise lues a wäert ganz sécher net jiddwerengem profitéieren.

Mir maache virun allem déi, déi schonn zënter Méint, fir net ze soen zënter Jore keng Aarbecht hunn, extrem Suergen. Si hunn et oft extrem schwéier, sech um Aarbechtsmaart ze integréieren oder ze reintegréieren. Déi sougenannte Chômeurs de longue durée kënnen u sech eeler Salariéë sinn, mä och jonker ouni oder mat enger ongenügender Qualifikatioun.

Besonnesch vis-à-vis vun dëse méi schwache Matbierger, léif Kolleginnen a Kolleegen, sti mir an der Verflüchtung. Mir hunn am Oktober d'lescht Joer e Gesetz gestëmmt, dat verschidden temporär Beschäftigungsmoosnamen adoptéiert a complétéiert huet, mam Zil, d'Konsequenze vun der Kris fir déi Jonk ofzuféieren, ënner anerem iwwert de Wee vun engem CIE-EP, deen extra fir jonk diploméiert Demandeurs d'emploi an d'Liewe geruff ginn ass. Ouni den CIE an den CAE, déi scho virun der Kris ënner enger anerer Form existéiert hunn, an den CIE-EP hätten déi eng oder déi aner jonk Leit et sécherlech méi schwéier gehat, fir sech um Aarbechtsmaart ze integréieren.

D'Tatsaach, datt d'Zuel vun deene Jonken, déi vun esou enger Mesure profitéieren, rezenterweis eropgaangen ass, weist, datt dës Mesuren an engem méi schwéiere wirtschaftlechen Ëmfeld ganz kloer hir Daseinsberechtigung hunn.

De virleiende Gesetzesprojet gesäit ebendfalls vir, verschidde Moosnamen zäitweileg un d'Kris unzepassen, dorënner d'Modalitéit vun der Indemnitéit während dem Chômage. D'Hausse vun der Aarbechtslosegkeet huet d'Dauer vum Chômage an d'Zuel vun de Laangzäitchômeuren an esou och d'Zuel vun deenen, déi um Enn vun der Indemnisiatioun ukomm sinn, an d'Luucht gedriwwen. Am Mee wore vun deenen 13.438 Leit, déi bei der ADEM ageschriwwen waren, 8.273 zënter méi wéi sechs Méint ouni Aarbecht. Dovunner 5.333 zënter engem Joer. Am Mee 2009 hunn d'Laangzäitchômeuren, dat heescht d'Chômeuren, déi méi wéi sechs Méint keng Plaz fonnt hunn, 6.689 Leit uitgemaach, an nach e Joer virdrun, nämlech am Mee 2008 waren et der nëmme 5.226.

D'Zifferen schwätzen also ganz kloer eng ganz eendeiteg Sprooch: D'Tendenz geet a Richtung Verschäerfung vun der Laangzäitaarbechtslosegkeet.

De Problem ass u sech deen, datt, wat ee méi laang um Aarbechtsmaart ausgeschloss ass, d'Reinsertioun, d'Reintegratioun um Aarbechtsmaart ëmsou méi schwéier ass. De Problem gëtt och nach doduerch verschäerft, datt ganz vill Laangzäitchômeuren iwwer 50 Joer al sinn. Esou waren am Mee vun deenen, déi nach ëmmer no zwielef Méint keng Plaz fonnt hunn, 450 - an do soen ech: nëmme -, 450 Leit, déi manner wéi 26 Joer al waren, ageschriwwen, respektiv wann een awer do d'Zuel vun deenen, déi iwwer 50 Joer al sinn, kuckt, da waren dat der 1.843. Dat sinn der véier-, jo bal fënnemol méi. An





dat beweist kloer déi Problematik vun den eeleren Aarbechtslosen.

Duerfir ass et och ganz wichteg, datt mer grad fir déi eeler Aarbechtslose ganz speziell Moossname maachen, esou wéi, an ech hunn et virdrun erwähnt, esou wéi mer och versicht hunn, eng Rei Pisten, oder wéi eng Rei Pisten definéiert gi sinn, fir deene Jonken ze hëllefen. An et gesäit ee ganz kloer, datt dat awer e bestëmmtene Succès huet.

De Gesetzesprojet gesäit vir, d'Modalitéite vun der Indemnisation zäitlech fir eng Dauer vu 24 Méint u sech a verschiddene Beräicher ze modifizéieren. D'Chômage-Indemnitéite gi weder global eropgesat nach generell méi laang ausbezuelet, mä de virleiende Gesetzesprojet gesäit vir, den Alter vu 50 Joer op 45 erofzesetzen, fir kënne vun der Verlängerung vu sechs Méint, wat d'Ausbezuere vun der Indemnitéit ugeet, ze profitéieren. An ech mengen, grad dat ass e ganz wichtegt Element, och wa mer an där jëtzege Gesetzgebung eng Rei Méiglechkeeten haten, déi sechs Méint ze verlängeren. Ech wëll nëmmen drun erënneren, wann ee méi wéi 30% invalid ass, datt een dann no engem Joer konnt ëm sechs Méint verlängert ginn, respektiv awer och, wann ee bereet war, an eng Mise au travail ze goen.

An do wëll ech ganz kloer hei soen, datt een, mengen ech, an dat wëll ech och dem Här Minister mat op de Wee ginn, datt et sécher och eng gutt Chance ass fir eng ganz Rei vu Leit, déi an eng Mise au travail gi bei eng Gemeng oder soss bei eng öffentlech Instanz, en interkommunale Syndikat oder wat och ëmmer, datt se vläicht do awer eng Aarbechtsplaz fannen. Et gëtt eng Rei Mengen, an ech kennen eng ganz speziell, déi huet an deene leschte Joren, an dat kann ee roueg nokucken, net manner wéi véier Leit - an et ass net déi gréisste Gemeng -, net manner wéi véier Leit, déi se an enger Mise au travail hat, agestallt.

Wann dat generell applizéiert gëtt, da mécht dat iwwert d'Land dach awer e bestëmmtene Potenzial aus, wann een do och nach interkommunal Syndikater, an och där gëtt et, déi ebenfalls dat praktizéieren, wëll ech och ganz kloer soen, da mécht dat iwwert d'Land dach awer e bestëmmtene Potenzial aus, wou mer grad déi Leit, déi e bestëmmtenen Alter hunn, oder déi Leit, déi mer iwwert déi Beschäftigungsmesuren oder iwwert déi Mise au travail u sech méi fit maachen, an datt da gesot gëtt: „Ma déi do kënne mer halen, déi maachen eng gutt Aarbecht; do mécht et Sënn, déi definitiv anzestellen.“

Ech wëll och nach drun erënneren, datt zousätzlech dozou och nach déi Leit niewent hirem Chômage 150 Euro kréien, 150 Euro supplementar Ënnerstëtzung kréie vun dem Fonds.

#### (Interruption)

Elo 300 souguer; richtig, Här Minister. Ech hunn elo bis haut geschwat, vu datt mer dat hei jo nach net, selbstverständlech elo 300 Euro supplementar kréien, fir hiren Engagement dach awer e bëssen ze ënnerstëtzen. Ech géif dat einfach emol esou soen.

#### (Interruption)

► **M. le Président.**- Den Här Hoffmann, Här Kaes, stellt lech gär eng Fro.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Majo, wann den Här Hoffmann mir gär eng Fro stellt, da soll hien dat maachen.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Et ass och wierklech eng Fro, awer eng wichteg Fro. Nämlech d'Fro, wann eng Gemeng véier Leit, déi virdrun ënnert der Form vun der Mise au travail bei hir geschafft huet, astellt, da stellt sech jo d'Fro, ob se véier zousätzlech Aarbechtsplaze geschaf huet oder ob se déi véier Leit agestallt huet an duerfir anerer net.

Dat heescht an deem Fall wär keng Aarbechtsplaz bäikomm, sondern, wat natierlech och net negativ ass, déi véier, déi hätten natierlech eng fest fonnt. Mä et

wier awer keng Aarbechtsplaz bäikomm. Dat ass eng entscheidend Fro.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Här Hoffmann, ech wëll lech dorop Folgendes äntwerten: Éischtens ass et deels gewiescht. Dat ass déi éischt Äntwert. An déi zweet Äntwert ass déi, datt do zum Beispill zwee Leit derbäi waren, déi iwwer 50 Joer hunn. Déi hunn eng phantastesch Aarbecht gemaach. Mä si haten den Handicap, iwwer 50 Joer ze hunn, an an der Privatindustrie hätte se Schwierigkeete gehat, eng Plaz ze fannen. An déi, déi mer da vläicht méi Jonker an eng Gemeng geholl hätten, déi Gemeng, déi wieren awer héchstwahrscheinlech, déi do Leit, déi wieren op der Streck bliwwen an déi hätte keng Plaz méi fonnt.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Dat ass richtig, jo.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Duerfir mengen ech nach ëmmer, datt et eng gutt Saach ass, Här Hoffmann. Dat wëll ech u sech lech op déi Fro do geäntwert hunn.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Merci, Här Kaes.

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Wéi gesot, vun där Verlängerung - ech kommen dann elo zrëck op meng Erklärungen vun där Verlängerung - sollen och Leit profitéieren, déi entlooss gi sinn, well hire Patron opgehale huet, oder déi entlooss gi sinn an hirem Betrib, ënnert dem System vum Chômage partiel, scho weinstens während sechs Méint weidergeschafft hunn.

De Plaffong vun der Indemnité de chômage gëtt jo bekanntlech och geännert. An zwar gëtt engersäits de Plaffong vun 250% vum soziale Mindestloun vu sechs Méint op néng Méint jo ausgedehnt, wat ganz wichteg ass, fir dann op 200% reduzéiert ze ginn. An dee Plaffong vun annerhallefmol dem Mindestloun gëtt u sech suspendéiert, wat, an ech kommen nach dorop ze schwätzen, eng ganz gutt Décisioun an esou schwéieren Zäiten ass, wéi mer se kennen.

All dës Moossname sécheren dem Chômeur, virun allem dem Laangzäit-chômeur, méi laang en adequat Akommes, wéi dat haut de Fall ass. Et geet hei dorëms, déi ekonomesch Konsequenzen vun der Kris an ebe vun der Aarbechtslosegkeet, an éischer Linn der Laangzäitarbeitslosegkeet besser an d'A ze faassen. Et ass eng wichteg Viraussetzung, wann ee wëllt, datt e Chômeur fit ass, fir nees zrëck op den Aarbechtsmaart ze kommen. Well, wann ee sech stänneg mat finanzielle Schwierigkeeten an Enkpäss plot, an dat ass leider fir vill Aarbechtsloser den Alldag, ass et immens schwéier, fir de Kapp fräi ze hunn a fir de Kapp fräi ze halen, fir no enger Aarbechtsplaz, mat leschter Konsequenz no enger Aarbechtsplaz ze sichen. Och eng gelonge beruflech Réinsertioun setzt einfach den honnertprozentegen Asaz viraus.

De virleiende Gesetzesprojet wäert dozou bäidroen, fir datt dësen honnertprozentegen Asaz och beschränkt ka garantéiert ginn.

Selbstverständlech ass et mat Modifikatiounen um Niveau vun der Indemnisationsmodalitéiten net gedenkt. D'Employabilitéit vun all Chômeur a besonnesch vun de Laangzäit-chômeure muss weider verbessert ginn. D'Aktivitéitsmoossnamen, d'Aktivatiounsmoossnamen - pardon -, déi mer schonn zënter Laangem hunn, mussen weider agesat ginn an - falls noutwendeg - un d'Gegebenheete vum Moment adaptéiert ginn.

D'Chômeuren iwwer 30 Joer, déi en fin de droit kommen, dat heescht, déi an eng Situatioun geroden, wou se kee Recht méi op eng Indemnisation hunn, sinn, an dat ass dat Mannst, wat ee ka soen, an enger ganz heikler Situatioun. Fir hir Réinsertioun esou schnell wéi méiglech virunzedreien, gesäit de Gesetzesprojet vir, datt de Patron, deen esou e Chômeur iwwer en onbefristete Kontrakt stellt, vum Fonds pour l'emploi 80% vum Salaire, deen hien déi éischt dräi Méint ausbezuelet huet, zrëckerstatt kritt. D'Bedéngung ass natierlech, datt de Salarié no engem Joer nach am Betrib ass. Dëst, fir u sech Abusen ze verhënneren.

Dës Moossnam ënnerstëtzt souwuel d'Patronen. Si erlaabt hinnen et, an enger méi

onsécherer Zäit an d'Zukunft ze investéieren an nees Leit anzestellen, a gëtt der Beschäftigung deen néidege Stouss, wat am Intérêt vun den Demandeurs d'emploi ass.

Léif Kolleginnen a Kollegen, de Gesetzesprojet gesäit nach aner Moossname vir, déi zum Beispill mat der Législation vum Chômage partiel ze dinn hunn. De Regime vum Chômage partiel gëtt méi flexibel, fir esou besser d'Betriben ze ënnerstëtzen.

Déi grouss Innovatioun vum Gesetzesprojet ass déi, datt och d'Betriben, déi net engem Secteur ugehéieren, deen offiziell als e Secteur a Kris considéiert gëtt, vum Chômage partiel profitéiere kënnen. Et geet duer, datt d'Aktivitéit vum Betrib ofgeholl huet. Fir méi genee ze sinn: D'Aarbechtszäit oder de Volume muss am Betrib mindestens 40% ofgeholl hunn. Am Virfeld müssen ausserdeem dës Betriben entweder e Plan de maintien dans l'emploi ausgeschafft hunn, oder et gëtt en Accord mat de Sozialpartner.

Fir d'Employeuren nach méi ze ënnerstëtzen, d'Aarbechtsplazen an hirem Betrib ze erhalen, gesäit de Gesetzesprojet vir, datt d'Part patronale vun de Cotisations, esou wéi den Här Rapporteur dat scho gesot huet, vum Fonds pour l'emploi iwwerholl gëtt, wann de Betrib zënter sechs Méint vum Chômage partiel profitéiert an ënnert der Bedéngung, datt déi verlueren Aarbechtsstonne pro Mount 25% vun der normaler Aarbechtsdauer iwwerschreiden.

De Gesetzesprojet gesäit ausserdeem vir, nei Moossnamen, ergo permanent Modifikatiounen a Verbesserungen anzeféieren, déi also net zäitlech begrenzt sinn. Dës Modifikatiounen reie sech an d'Logik vun der Aktivationspolitik an, déi zënter Jore vun der Regierung bedriwwen gëtt an déi op déi verschidde Kategorië vu Chômeuren zougesechniden ass.

Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn elo net op dës eenzel Moossname weider an. Si sinn lech ebe vum Här Rapporteur ausféierlech souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mündleche Rapport virgestallt ginn.

Ech erlabe mer zum Schluss vu mengen Ausféierungen och den Accord vu menger Fraktioun, der CSV-Fraktioun, ze ginn, a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Merci, Här Kaes.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kaes. Als Nächsten ass den Här Bauler age droen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, net méi spéit wéi gëscht Owend konnt een op RTL-Tëlee e Bericht iwwert d'Situatioun bei der Goodyear zu Colmar-Bierg gesinn. Déi zaart wirtschaftlech Reprise erlaabt et dem grouse Pneufabrikant, aus dem Zeenario vun der Kuerzaarbecht erauszeklammern an nees nei Leit anzestellen. 170 zousätzlech Leit sollen agestallt ginn - fir den Ufank mat zäitlech begrenzte Kontrakter.

Dem Responsabele vun der Goodyear no ass et ganz schwéier, Leit ze fannen, well d'ADEM keng Leit vermëttelen kann an d'Entreprise domadder sech gezwonge gesäit, och am noen Ausland ze rekrutéieren. 30 weider Leit hätten dem Vertrieder vun der Goodyear no kennen agestallt ginn, wann am Juli keng Indexbranche erfall wär.

Dëst Beispill, wat leider net dat eenzegt ass, ënnersträicht zwou Saachen. Éischtens, d'Déficiência vun der CSV/LSAP-Aarbechtsmaartpolitik an hir jorelaang Passivitéit bei der Ëmsetzung vun der grondleeënder Reform vun der ADEM, wéi d'DP se scho jorelaang fuerdert.

An zweetens, d'Haltung vun der LSAP a Saachen Index verhënnert d'Schafung vun neien Aarbechtsplazen, verhënnert also domadder d'Reduktioun vum Chômage a verhënnert, dass Leit nees a Loun a Brout kommen, a weiderhi vu sozialen Transferte liewe müssen.

Kee Wonner also, datt den Här Aarbechtsminister am Kader vun enger Pressekonferenz den 20. Oktober 2009 versprach hat, sech esou séier wéi méiglech ëm

d'Reform vun der ADEM ze këmmern. An dësem Dossier dierft keng wäertvoll Zäit méi verlueren goen, sou de Minister, deen op enger weiderer Pressekonferenz virun e puer Deeg ugekënnegt huet, bis den Hierscht e Projet de loi fir d'Reform vun der ADEM virzeleeën.

Här President, widderhuele mer nach eng kéier, datt d'Demokratesch Partei zënter Jore fir eng onofhängeg Aarbechtsagentur antrëtt, déi e bessere Service fir d'Betriben ubitt, déi Leit astelle wëllen, déi eng nei Schaff oder eng aner Schaff sichen.

A firwat soll dës Agentur net mat private Vermëttler a Coachen zesummeschaffen, fir esou den Erfolleg op der Sich no enger neier Plaz ze garantéieren? Zënter Jore verlaange mer, datt een endlech déi néideg Schlussfolgerungen aus zig Auditen a Studië ronderëm d'ADEM soll zéien. Zënter Jore weise mir dorop hin, datt aus der ADEM eng Aarbechts- a Weiterbildungagentur soll ginn, wou den Hauptakzent op der Weiterbildung an op der geziilter Orientéierung vum Chômeur läit.

An zënter Jore gi mer net midd ze ënnerstächen, datt d'ADEM, fir all dësen Eerausfuerderungen wirksam begéinen ze kënnen, onofhängeg a flexibel an hirer Funktionsweis muss sinn. Mir sinn zudei fast dovunner iwwerzeegt, datt et net eng Administratioun ka sinn, déi de Problem vun der steigender Aarbechtslosegkeet ka bekämpfen, mä eng flexibel Struktur, déi op déi eenzel Chômeure mat hirem spezifische professionellen a perséinlechen Hannergrond anzegoe versteet an zesumme mat hinne Sortien aus dem Chômage sicht.

Aus der Verwaltung vum Chômage muss eng Aktivéierung vum Chômeur ginn. Well och déi bescht personaliséiert Betreuer hëlleft net weider, wa mir net och endlech zu enger méi aktivéierender Aarbechtsmaartpolitik kommen, wou den eenzelnen Demandeur d'emploi sech och selwer muss beweegen wëllen a Responsabilitéit iwwerhuelen, a wou mer och op där anerer Säit awer alles ënnerhuele müssen, fir keen am Stach ze loossen, deem seng perséinlech Ustengungen him net an der gewünschter Zäit zu enger neier Beschäftigung hëllef fannen.

Enn Juni huet de Minister éischt Konklusionen aus sengem Pilotprojet „Fit for job“ gezunn, e Pilotprojet, deen am Finanzsektor ugesiedelt ass an deen e Virgeschmaach op eng komplett nei proaktiv a moossgeschneidert Aarbechtsvermittlung soll ginn. De Bilan wär positiv, gouf gesot. Ronn en Drëttel vun de Leit kruten no dräi Méint eng nei Plaz.

Dës Projet, deen och op aner wirtschaftlech Beräicher ausgedehnt soll ginn, setzt op individuell Berodung an op eng Vereinfachung an der Jobvermittlung. E weist, datt dat, wat d'DP zënter Joren afuerdert, nämlech e komplett Ëmdenken a Saachen Aarbechtsvermittlung, ewech also vum Verwaltungsdenken, dat bis ewell d'ADEM ausgezechent huet, hin zu enger flexibeler Jobvermittlungsagentur, datt dat also alles méiglech ass a besser Resultater fir déi Concernéiert bréngt, wann een dozou de politesche Willen huet.

Här President, den Här Minister fënnt d'Demokratesch Partei ëmmer op senger Säit, wann et heescht, endlech nei Weeër an der Bekämpfung vum Chômage ze goen. Den Här Minister fënnt d'Demokratesch Partei ëmmer op senger Säit, wann et drëms geet, fir d'ADEM esou ze reforméieren, datt mer dauerhaft aus der Logik vun der traditioneller Verwaltung vum Chômage kommen. An den Här Minister fënnt d'Demokratesch Partei ëmmer op senger Säit, wann d'Orientéierung an déi individuell Begleitung vum eenzelnen Demandeur d'emploi spierbar verbessert solle ginn.

Awer den Här Minister fënnt d'Demokratesch Partei net op senger Säit, wann dat Wuert Aktivéierung als Schlagwuert benotzt gëtt, d'Politik an d'Handele vum Ministère awer ganz aneschtens ausgesinn, esou wéi dat beim virleienden Text de Fall ass. En Text, deen nach ëmmer nëmmen op Geldleeschungen amplaz och a grad op eng wierklech a wirksam Aktivéierung setzt.

Här President, iwwert déi materiell Nout eraus, déi duerch de Chômage ausgeléist





gëtt, därer een ni iwwersinn, datt d'Aarbechtslosegkeet ëmmer als en individuellen Drama emfonnt gëtt, en Drama, deen déi betraffe Persoun an déi betraffe Famill an déi materiell Aarmut erofzéie kann. Besonnesch fir méi eeler Aarbechtsloser gëtt et ëmmer méi schwéier, eng nei Plaz ze fannen, wa si hiren Job ab 45 Joer gekënnegt kréien. Mat dësem Gesetzesprojet gi Mesuren ergraff, mat deenen déi Betraffe méi laang indemniséiert ginn. Besonnesch a Krisenzäite gëtt dës Kategorie vu Chômeure méi haart getraff a kritt et nach méi schwéier, eng nei Schaff ze fannen.

D'Demokratesch Partei wëllt sech dëser zäitweileger, also provisoirescher Moossnam net an de Wee stellen. Mir weisen awer drop hin, datt mat dëse Mesuren einstweilen déi vill zitëiert, jo beschwuene Aktivéierungspolitik ëmmer nach e Lëpsbekenntnis bleift. Och d'Verlängerung vum Spezialregime, deen et erlaabt, d'Kuerzaarbecht ënner bestëmmte Konditiounen ze verlängeren, ass eng Moossnam, déi nees mam Scheckheft beglach gëtt, quitte datt d'Demande fir dës Mesure éischter zrëckgeet a quitte datt se derzou bäidroen soll, fir déi betraffe Lëtzebuerger Betriber op e Pied d'égalité mat däitschen Handwerksbetriber ze stellen, déi vu gënschtege Bedéngungen am Beräich Kuerzaarbecht profitéieren.

Dës Moossnam soll jo och Betriber hëllefen, déi schonn am Kuerzaarbechtszenario waren an déi nach e puer Méint an där Situatioun iwwert d'Ronne komme mussen. Komesch, datt souwuel d'UEL wéi och den Handwierkerverband sech net esou richteg mat dëser Moossnam ufrënnen kënnen, virun allem och, well gefaart gëtt, datt et zu Wettbewerbsverzerrungen innerhalb vun enger Branche kéint kommen. Do freet ee sech, wien iwwerhaupt do mat wem schwätzt, an ob déi Mesuren, déi mer elo stëmmen sollen, leschten Enns dann net iwwert d'Zil eraus-schéissen.

Och d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce ware ganz kritesch an hire respektiven Avisen an hätte sech éischter eng effikass Aktivéierungspolitik an eng schnell Réinsertioun vun den Demandeurs d'emploi gewënscht, wéi déi Mesuren, déi an dësem Text proposéiert ginn.

Här President, nach eng Kéier, mir verbleiwen och mat dësem Gesetzesprojet am traditionelle Kontext. Dat heescht, d'Regierung bezitt, mä déi strukturell Problemer bleiwen. De Minister huet an engem „Lëtzebuerger Land“-Interview vum 18. Juni 2010 selwer ugekënnegt, datt all déi Beschäftigungsprogramme vill Geld kaschten an datt all Moossname bis 2011 missten enger Käschten-Notzen-Analys ënnerworfen ginn.

Ech wëll dem Minister Nicolas Schmit kengesfalls de gudden Willen ofstreiden, nohaltege Verännerungen am Beräich vun der Aarbechtsmaartpolitik an der Vermittlung vun Aarbechtslose virzuehuelen. An deemselwechten „Land“-Artikel ënnersträicht de Minister och, datt d'Leit, déi am Chômage sinn, esou séier wéi nëmme méiglech a Brout an Aarbecht komme mussen, an datt duerfir d'Sich no enger neier Schaff lancéiert soll gi vun deem Moment un, wou eng Entloossung ugekënnegt gëtt an net méi réckgäנגeg ze maachen ass.

Esou wäit, esou gutt. Ech froe mech just, firwat dat esou laang dauere muss. Och mat dem bestehende Staff vun der ADEM wier et bis ewell duerchaus méiglech gewiescht, al Pied ze verloossen, Reflexer, déi et net bréngen, endlech opzeginn a sech eng nei Methodologie an der Vermittlung vun Aarbechtsplazen ze ginn, fir esou eng nei Betreuungsqualitéit ze begënschtegen.

Firwat konnt d'Nodenken iwwer eng nei Kultur an der Aarbechtsplazvermittlung net schonn am Hierscht 2009 an der zoustänneger parlamentarescher Kommissioun ufänken? Et geet net duer, den Avis vun engem auslänneschen Expert ofzemaachen. Entre-temps hätte mer am Virfeld vun der Reform vun der ADEM duerchaus kënnen en Austausch iwwer nei Weeër an der Vermittlung an an der Weiterbildung vu Chômeuren organiséieren.

D'Abanne vum Parlament wier sécherlech net vu Muttwëll gewiescht, zemools wou de Minister an der Press ugekënnegt huet, datt en een - ech zitëieren -: „fierchterlechen Drock ausüben wäert“ - Zitat Enn -, zemools wann et ëm eng méi effikass Vermittlung vu Chômeure geet. Wann de Minister e bësse vun deem Drock oder Damp an der Kommissioun ofgelooss hätt, da wiere mer schonn direkt am Hierscht 2009 an eng Diskussioun iwwert dës brennende Sujet komm.

Et ass awer ze begrëssen, datt den Här Aarbechtsminister enger DP-Fuerderung nokomm ass, andeems hien d'Zuel vun der Vermittler staark eropgeschrauft huet.

## (Interruption)

Ech gouf dëslescht hei an der Chamber vun him an d'Gebiet geholl, well ech a menger „Europa-2020“-Ried dës Schrëtt net explizit ervirgehewen hat. Fakt ass awer deen, datt mer zurzäit - ech betounen „zurzäit“ - nach net iwwert den Zoustand vun Ukënnegungen iwwer strukturell Reformen an iwwer nei - ech nennen dat emol - methodologesch Weeër eraus sinn.

An et ass eigentlech dat, wat ech gemengt hat, wéi ech gesot hat oder wéi ech sot, datt nach net vill Konkretes geschitt wier. Et ass awer ze begrëssen, datt den Aarbechtsminister 40 nei Placeure rekrutéiert huet a regional Büroe vun der ADEM iwwer Land an d'Liewe geruff huet.

D'Reform vun der ADEM muss awer nach aner Schrëtt mat sech bréngen. Esou zum Beispill den direkte Kontakt tëschent der Aarbechtsagentur, den Entrepreneuren an den Demandeurs d'emploi ermëglichen. Plazvermittler a Betriber mussen déi néideg Zäit hunn, fir en Netz vu Kontakter mat den Entrepreneuren an deenen hire Personaldepartementer op- an auszubauen. Och dat ass eng Fuerderung, déi d'Demokratesch Partei virun de Wahlen kloer formuléiert hat a wou mir haut nach ëmmer net gesinn, wéi d'Regierung dat a Musek ëmsetze wëllt.

Mir brauchen - et ass elo éinescht ugeklungen - eng nei Kultur an der Begleitung vum Chômeur, deen, soubal e sech ageschriwwen huet, gefuerdert a gefördert muss ginn, deem seng Begleeder à la fois Beroder, Coach a Vermittler ginn oder sinn, d'Eegeverantwortung bei Demandeurs d'emploi ënnerstëtzen an entweckelen op där enger Säit, an d'Neidefinéiere vun der Roll vum Vermittler, deen ewech vum Verwalter hin zum Jobcoach komme muss, op där anerer Säit. Dat ass eng weider Erausforderung, där déi reforméiert ADEM sech stelle muss.

Och dat huet d'Demokratesch Partei virun de Wahlen kloer formuléiert. An och hei ass nach net ze gesinn, wat fir ee Konzept d'Regierung finalement huet. Ausbildung, Weiterbildung an Orientéierung vun den Aarbechtslosen, dat si weider Schlësselwierder an de Fuerderungen vun der DP. Si spillen eng zentral Roll an der Aktivéierung vum eenzelne Chômeur. Aktivéierung, dat ass e Wuert, dat dem Här Minister um Härz läit, dat hien och an der Chamberskommissioun vum 24. Juni net midd gouf ze répétéieren an unzënnegen.

Här President, well mir als Demokratesch Partei skeptesch sinn, ob de Paquet vu Mesuren, déi an dësem Gesetzesprojet regroupéiert sinn, hir Friichten droen, a well hei erëm reflexaarteg eng Geldléisung enger struktureller Approche virgezu gëtt, wëlle mir eis bei dësem Projet, dee mir notament wéinst de Mesuren am Beräich vun der Kuerzaarbecht net komplett verwerfe wëllen, enthalten.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem honorabele Kolleg Roger Negri, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport Merci soen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bauler. Als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Virgänger vun dësem Aarbechtsminister hat am Februar 2009 e Gesetz stëmme gelooss, fir duerch transitoresch Mesuren der Finanz- a Wirtschaftskris ent-

gëntzewierken. E reaktiivt Gesetz am Sënn vun: op eppes reagéieren.

Effektiv ass déi lescht Joren am Domän Beschäftigungspolitik vill reagiert ginn. Oft huet dee viregten Aarbechtsminister sech selwer als Pompjee betitelt. Seng gréissten a sécherlech schwéierst Pompjeesaktioun wor, e Plang opzestellen, fir de Schwiereregkeeten entgëntzewierken, déi um Aarbechtsmaart duerch d'Kris opkomm sinn an déi en huet misse meeschteren.

Mir hunn dës provisoiresch an transitoresch Mesurë matgedroen zu deem Zäitpunkt, well mir och der Meenung woren, datt punktuell finanziell Ennerstëtzungsmesurë virun allem a puncto Kuerzaarbecht bei Risiko op konjunkturelle Chômage Sënn gemaach hunn.

Entre-temps no engem décke Joer hu mer en neien Aarbechtsminister an eng nei al Regierung. Mir haten ons net nëmmen als Grëng virgestallt, mä et als absolut Noutwendegkeet ugesinn, datt deen neien Aarbechtsminister a sengem wuelbekannten Dynamismus eng global Beschäftigungspolitik mat zesummenhängend a vernetzten Aktiounen géif prioritär ausschaffen. Jo, souguer datt e vun där ganzer Regierung deen Auftrag géif kréien.

E PAN, e Plan d'Action National, baséierend op eng Evaluatioun vu Besoinen, baséierend op eng proaktiv Beschäftigungspolitik. Eng dynamesch a proaktiv Beschäftigungspolitik, déi ëmgesat gëtt a Kollaboratioun mat der Schoul, zesumme mat den Aus- an Ëmbildungsinstituten, mat der Hëllef vun de Sozialpartner, zesumme mat enger performanter Beschäftigungsinstitution, a schlussendlech zesumme mat deenen anere concernéierte Ministèren a Ministerkolleegen.

Mir brauche complémentaire zu de finanziellen Mesuren och eng nei an innovativ Beschäftigungspolitik. Eng Beschäftigungspolitik, déi an d'Mënschen investéiert. Et léisst sech net alles mat Sue regelen, an Zukunft ëmmer manner.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Dat ass eppes Neies fir ons hei zu Lëtzebuerg, déi duerch seng successiv Politike gewinnt waren, mat Suen alles ze regelen an alles ze léisen. Déi Rechnung geet net méi op. De Motto „Wann ech keng Iddien hunn, da maachen ech et mat Suen“, wäert an Zukunft net méi den Aarbechtsmaart ënnerstëtzen an d'Beschäftigungspolitik och net weiderdreiven.

Voilà! Haut, e Joer nodeem den Aarbechtsminister am Amt ass, stëmme mer e Projet de loi, dee virun engem knappen Mount déposiert ginn ass, an deen, wa mer ganz éierlech sinn, praktesch eng Verlängerung ass vum Gesetz vum viregten Aarbechtsminister, keng wesentlech nei Iddi, keng Innovatioun, keng proaktiv Mesuren, just déiselwecht Iwwergangsmesuren, déiselwecht transitoresch Mesuren.

Wa mer dann nach d'Opportunitéit vun der finanzieller Ennerstëtzung vum Chômage partiell ënner bestëmmte Bedéngungen bei Betriber, déi vum konjunkturelle Chômage betraff sinn, agesinn, esou kann dat an onsen Aen awer net méi déi eenzeg Form vun Ennerstëtzung sinn, zumools wou mer gëschter - an et ass schonn hei gesot ginn - vun der Goodyear Héieren hunn, datt si erëm op eegene Féiss stinn, Vollzäit schaffen a souguer Leit astellen.

Parallèll zu dësem Projet de loi, dee säi Wee duerch d'Chamberskommissioun an duerch de Statsrot gemaach huet, ass de Minister beschäftegt, eng Pressekonferenz ze organiséieren, wou en dem Land déi grouss Reform vum Arbeitsamt annoncëiert. A mir verstinn lech, Här Minister. Mir verstinn, datt den Aarbechtsminister gläichzäiteg zu de Mesures temporaires, fir dem Chômage entgëntzewierken, och vun där Institution wëllt schwätzen, déi fir d'Ëmsetzung vun dëse Mesuren d'Verantwortung muss iwwerhuelen. Dat war eigentlech e Stéck vum Puzzle vun engem globalen nationalen Aktionsplang.

Mä net nëmmen huet de Minister d'Chamber an déi zoustänneg Kommissioun - an et ass och scho ganz diplomatesch vu mengem Virriedner suggéiert ginn - net informéiert, och net rapportéiert, a vum politeschen Austausch leider emol guer

net ze schwätzen. De Minister annoncëiert der Chamber, de 60 Deputéierten an dem ganze Land per Pressekonferenz, wat dann elo Tacheles ass aus der Reform vum Arbeitsamt, déi wichteg, noutwendeg an annoncëiert Reform vun enger wichteger Institution, déi eng eminent wichteg Roll ze spillen huet an dësem Dossier vu Beschäftigungspolitik an Antikrise-Moossnamen.

An de Premier, onsen Här Juncker, huet d'lescht Joer ëm dës Zäit hei annoncëiert, wat d'Regierung wëlles hat, zumindest virun engem Joer. An ech zitëieren lech de Programme gouvernemental: «Création d'un établissement public „Agence luxembourgeoise pour l'emploi“. Afin d'accroître...» - an dat ass d'Argument - «...l'efficacité des politiques actives de l'emploi et d'intermédiation entre offres et demandes d'emploi, le Gouvernement entamera une réforme structurelle fondamentale de l'Administration de l'Emploi, afin de la rendre apte à répondre de manière rapide et flexible aux défis toujours changeants du marché du travail.

Suite aux recommandations du rapport de l'OCDE...» - an et waren der méi - «...sur le service public de l'emploi au Luxembourg, l'Administration de l'Emploi actuelle sera sortie de son carcan d'administration étatique.»

Här President, ech brauch lech jo elo hei net ze soen - a mä Virgänger huet et och schonn ënnerstach -, datt dës Regierung mat Sécherheet hei an der Chamber eng breet Majoritéit kritt hätt, well praktesch all Partei huet sech fir en Établissement public an eng Restructuration fondamentale vum Arbeitsamt ausgeschwat.

Awer esou ass et net. A mir kënnen, wa mer éierlech sinn, zumindest fir dat, wat mer haut wëssen, net vun enger Reform schwätzen, a scho guer net fir dat, wat mer haut wëssen, vun enger Réforme structurelle fondamentale, well et ännert sech praktesch näscht an där Verwaltung, déi notament och dës Mesurë muss an d'Praxis ëmsetzen. D'Propos vum Aarbechtsminister: Et behält jiddwereen déiselwecht Struktur, praktesch jiddwereen déiselwecht Aarbecht, et kritt vläicht en neien Numm an et ginn effektiv eng 40 Leit agestallt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir gesi wierklech net, wéi dës Land sech ka fir déi nächst Generatioun nohaltege opstellen, wa mer et net fäerdeg bréngen, engersäits global a vernetzt ze schaffen, fir déi Créneuen ze erschaffen, déi Aarbecht an onst Land bréngen, déi dozougehéierend Formationen unzëbidden, den noutwendegen Suivi ze garantéieren, an déi Institutionen, déi mer dofir brauchen, och esou performant ze gestalten, datt se kënnen effikass an effizient schaffen.

Hei zape mer nach zousätzlech aus dem Fonds pour l'emploi, mir verschieben eigentlech de Problem vum Chômage op spéider, andeem mer e bezuelen, anstatt e mat den Haren ze huelen. Mir hunn och nach ëmmer keng Perspektive fir ons Jugendlecher, keng visibel Kollaboratioun tëschent de concernéierte Ministeren, keng Ausweitung vum Prinzip vum Consultant, vum Conseiller à l'apprentissage, vun der Berufsorientéierung an esou weider.

An dobäi hu mir an onsem Land nach esou vill méi Méiglechkeete wéi an onsen Nopeschlänner. Wéi schued ass et eigentlech, datt mer onse Potenzial elo an direkt net ausschöpfen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well ons déi finanziell Mesuren, déi hei proposéiert ginn, definitiv net duerginn a well dat Wesentlecht felt, nämlech de Chômage net ze finanzéieren, mä de Chômage ze bekämpfen, kënne mir dësem Projet de loi net zoustëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Loschetter. Elo kritt den Här Gibéryen d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen,





ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Roger Negri Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, deem, wéi mer dat vun him kennen, ëmmer exzellent war.

Dëse Projet, Här President, dee geet am Fong ëm d'Diskussiounen am Kader vun der Tripartite. Souguer wann d'Tripartite u sech en Échec war, esou géife mir awer vun eiser Säit aus soen, datt ee muss soen, datt deem heiten Deel vun der Tripartite dee positiven Deel vun der Tripartite war, dee mer haut hei iwwert de Wee vun dësem Gesetz ëmsetzen.

Et ass, mengen ech, e Gesetz, wat zum Zil huet, eng Rei vu Moosnamen, déi an deene leschte Joren am Interessi vun der Bekämpfung vum Chômage geholl si ginn, ze verlängeren, respektiv fir Verbesserungen erbäizeféieren. Ech brauch elo net méi op d'Entwécklung vun de Chômagezuelen anzegoen, de Rapporteur an och verschidde Virriedner vu mir hunn dat am Detail gemaach. Mir musse just festhalen, mengen ech, datt de Chômage iwwer eng Rei vu Jore permanent hei zu Lëtzebuerg an d'Luucht gaangen ass an datt e krisebédéngt an deene leschten zwee Joer dramatesch an d'Luucht gaangen ass.

Och wann en elo temporaire kuerzfristeg an deene leschten zwee Méint zrëckgaangen ass, esou wësse mer, datt de Chômage all Joer am Fréijoer, wann d'Wieder gutt ass, zrëckgeet. Dat ass e saisonal bedéngte Réckgang, op dee mer eis näischt dierfen abilden. Dat hate mer nach all Joer, och a Krisenzäiten; da vläicht net esou staark, mä datt en ëm dës Zäit zrëckgaangen ass. Mä generell musse mer wëssen, datt de Chômage an deene leschte Jore geklommen ass an op engem Rekordniveau ass, wéi mer en hei am Land ni kannt hunn.

Mir hunn an deene leschte Jore Moosnamen ergraff, virun allem wat de Chômage partiel ubelaangt, wat mir als ADR ëmmer begréisst an ënnerstëtzt hunn, well et virun allem drëms geet, Leit an Aarbecht ze halen, an et virun allem drëms geet, datt d'Betribler weider funktionéieren. Et ass virdrun hei d'Goodyear ugeschnidde ginn. D'Goodyear ass e gutt Zeeche vun esou Moosnamen, déi keng Entloosungen huet brauchen ze maachen, mä déi iwwert de Wee vun der Kuerzaarbecht konnt eng Zäit iwwerbrécken an elo erëm lues a lues un d'Rulle kënn, wou déi Leit hir Aarbechtspaze behalen hunn, an doríwwer eraus elo zousätzlech Leit och nach wäerte kënnen agestellt ginn. Ech wäert herno och nach eng Kéier op déi Aussoe vun der Goodyear zrëckkommen.

Mir mengen - wa mer éierlech sinn heibannen -, et huet keen d'Allheilmëttel an der Täsch, wéi mer de Chômage vun haut op muer reduzéiert kréien. Jiddwereen huet déi eng oder déi aner gutt Iddien, mir hunn déi eng oder déi aner Moosnam, mä e Rezept, fir de Chômage einfach erofzesetzen, dat gëtt et net. Well, wann et dat géif ginn, da wiere mir warscheinlech net déi Éischt, déi et fonnt hätten, well da géif et et och am Ausland ginn, wou de Chômage vill méi héich ass.

Mä mir hunn eng Rei vu Moosnamen, wou mer kënnen reagéieren, an ech mengen, mir hunn och scho vill reagéiert, wat awer net wëllt heeschen, datt een duerfir kann d'Regierung absolut fräischwätze fir alles dat, wat gemaach ginn ass. Villes hätten kënnen besser, viles hätten och kënnen méi séier gemaach ginn. Mä wichtig ass, datt, wa mer Problemer erkennen a mer wëssen, datt mer déi kënnen punktuell léisen, mer dat maachen.

Ech mengen, de Problem vun de Laangzäitchômeuren, dee gëtt an enger Krisenzäit ëmmer méi grouss an ëmmer méi schwéier, an déi Chifferen, déi virdru genannt gi sinn, déi hunn dat och gewisen, datt mer ëmmer méi där Leit kréien. An et ass wierklech jo och ëmmer méi schwéier, fir an deem Alter Plazen ze fannen, fir déi Leit nach an den Aarbechtsmaart erëm ze reintegréieren.

Et ass duerfir wichtig, wa mer wëssen, datt haut Leit, déi eng Véiertche vir hunn,

praktesch scho bal keng Chance méi hunn, op eisem Aarbechtsmaart ënnerzekommen, esou ass dat net nëmmen eng Responsabilitéit vun der Politik, fir sech dann ëm déi Leit ze bekëmmern, mä ech mengen, et ass och eng Responsabilitéit vun den Entreprises, fir ze wëssen, datt se eng Verpflichtung och vis-à-vis vun der Gesellschaft dann hunn an net nëmme kënnen jonk Leit astellen - wéi e fréiere Kolleeg vu mir ëmmer gesot huet, wat Zehnkämpfer sinn am Schaffen, déi och nach vläicht fir méi bëlleg schaffen - a mengen, Leit, déi mat Erfahrung do sinn, Leit, déi och vläicht eppes weider verdéngen, missten aus der Aarbechtsplaz erausgedrängen. Et ass also hei och eng Responsabilitéit vun de Betribler, fir derfir ze suergen, datt déi Leit, déi méi en héijen Alter hunn, och...

An et sinn och dacks déiselwecht Kreesser, déi am Fong, wa mer iwwert d'Pensiounen diskutéieren, heihinnerkommen an zu eis soen: Mir müssen de Pensiounsalter héijen. Mä si beschäftegen d'Leit schonn net méi, wa se iwwer 40 Joer al sinn! Also, dat steet net an engem Kontext. Et kann een net gläichzäiteg higoen a soen, de Pensiounsalter muss gehéicht ginn, awer keng Leit méi an deem Alter wëlle beschäftegen.

Wa mer haut higinn a mer setzen déi Moosnam fir d'Laangzäitchômeuren, fir kënnen zousätzlech sechs Méint vum Chômage ze profitéieren, vu 50 op 45 Joer erof, esou fënnt dat eis Zoustëmmung, wéi och déi aner Moosnamen, déi och gréisstendeels net am Intérêt direct vum Chômeur sinn, mä gréisstendeels am Intérêt vun de Betribler sinn, déi do Zouhëllefe kréien, déi selbstverständlech dann och hirem Salarat zeguttkommen, well déi da kënnen weiderbeschäftegt ginn.

Wichtig ass fir eis d'Reform vun der ADEM, déi bevirsteet, déi soll esou séier wéi méiglech kommen. Ech mengen...

► **Une voix.** - Déi ass amgaang.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Déi amgaang ass, jo, déi awer soll esou séier wéi méiglech och da finaliséiert ginn, datt mer se kënnen zur Ofstëmmung kréien. Ech mengen, dat rapid Uklamme vum Chômage verlaangt, datt och do rapid reagéiert gëtt!

Fir eis ass de Statut vun enger ADEM - dat hu mer heibanne scho gesot - net esou wichtig, ob dat öffentlech ass oder öffentlech-rechtlech oder privat. Fir eis ass wichtig d'Struktur vun der ADEM a wéi se funktionéiert, an d'Moyenen, déi déi Leit kréien, a wéi se sech op de Chômeur beweegt, wéi se de Chômeur begleet. Dann ass et egal, ob dat fir mech e private Salaré ass oder ob dat e Fonctionnaire ass. Wichtig ass, datt deem dat richtegt Encadrement, de richtege Kader, déi richteg Méiglechkeeten huet, fir dee Chômeur ze begleeten.

Well dem Chômeur ass et och egal, wat fir ee Statut dee vis-à-vis huet. Dem Chômeur ass et wichtig, datt en do gehollef kritt an datt en iwwert de Wee kann eng Plaz fannen. Duerfir mengen ech sollte mer net esou vill iwwert de Statut streiden, mä mer sollte vill méi iwwert d'Moyenë streiden, déi déi Leit op der ADEM kréien, fir kënnen vis-à-vis vun de Chômeuren ze handelen. De Statut ass also net esou wichtig!

Wichtig ass och, datt déi ADEM eng Flexibilität kritt, fir sech punktuell de Situationen um Aarbechtsmaart kënnen unzepassen. Wann de Chômage rapid an d'Luucht geet, da muss déi ADEM sech och kënnen rapid deementspriedend upassen, fir deenen Aarbechten ze begéien. An esou musse mer och erëm Méiglechkeeten hunn, wann de Chômage - wat mir alleguerten eng Kéier hoffen - géif rapid zrëckgoen, oder zumindest géif zrëckgoen, datt dann och muss reagéiert ginn.

Déi regional Büroen, déi virgesi sinn, déi 40 nei Placeuren, déi virgesi sinn, alles dat si positiv Aarbechten. Fir eis ass et net wichtig, wéi déi Leit heeschen, ob se en aneren Titel kréien oder ob d'ADEM en aneren Numm kritt, fir eis ass et wichtig, wat konkret dobäi erauskënnt. An ech mengen, et muss een och hei fairerweis soen - och wann den neien Aarbechtsminister elo nach net alles opzeweisen huet -, mä et ass awer schonn esou munches geschitt. An ech mengen, amplaz elo direkt op den neien Aarbechts-

minister ze weisen, misste mer emol fir d'Éischt op dee vu virdru weisen, deem iwwer zéng Joer praktesch näischt gemaach huet, wou nëmmen ausser Rieden näischt geschitt ass. Do kann d'CSV sech déi Datz emol an d'Täsch stiechen, well de Misär, dee mer haut do hunn, deem hu mer aus der Vergaangenheet, wou aner Prioritéiten do ware wéi déi, wou ech elo genannt hunn.

Eng aner Fro, Här President, déi ech wollt uschneiden, ass déi vun dem... wou mer eis hei müssen d'Fro stellen, wa mer esou vill Résidenten am Chômage hunn, wéi et méiglech ass, datt mer nach ëmmer weider müssen zousätzlech Leit an d'Grenzregioun siche goen. An ech wollt och do prezis un de Minister eng Fro stellen, ob déi Ausso, déi gëschter Owend op der Televisioun komm ass vun der Goodyear, datt se net genuch Leit hei am Land géif fannen, fir déi Plazen ze besetzen, an datt se elo misst op d'Grenzregioun zrëckgräifen, ob do keng Reaktioun vum Ministère kënn oder vun der ADEM kënn? Do misst jo zumindest gefrot ginn: Ma wat fir eng Leit sicht Dir dann, déi Der hei bei eis net fannt?

Well ech ka mer net virstellen, datt mer déi Leit net géifen hei bei eis fannen, sief et Leit, déi op der ADEM oder an de Beschäftigungsinitiativen ageschriwwen sinn. Do misst et dach méiglech sinn, datt mer déi Leit nach hei, bei där héijer Rekordziel vu Chômage, déi mer hunn, datt mer déi missten hei um Aarbechtsmaart fannen. An ech erwaarde mer, datt de Minister an d'ADEM do dach drop reagéiert, fir ze kucken... Insgesamt géif ech och mengen, ass hei och d'Patronat an der Responsabilitéit, generell derfir ze suergen, wa se Leit astellen, alles ze maachen, fir ze kucken, ob se net op eisem Aarbechtsmaart déi Aarbechtskräfte fannen, déi se brauchen.

Well ech hunn och de Verdacht, datt a verschidde Betribler eng Personalpolitik gemaach gëtt, an dat kann een och dorop zrëckféieren, datt mer haut a ville Betribler dacks Personalchefen hunn, wat keng Résidentë sinn, mä déi aus der Grenzregioun kommen, an déi selbstverständlech dann och en Intérêt hunn, wa se Gott weess vu wou aus der Grenzregioun kommen, Leit aus där Regioun hei anzustellen. Da sti si flott an där Grenzregioun do! Mä ech mengen, och do misst vun dem Patronat aus, misste mer en Appel maachen, datt alles misst gemaach ginn, fir a priori Leit anzustellen, déi hei zu Lëtzebuerg Résident sinn.

Ech wollt nach dem Kolleeg Bauler hei awer eng Remarque maachen. En huet dat e bëssen esou genësslech hei virdrun ervirbruecht, datt d'Goodyear gëschter gesot huet, wann elo keng Indexbranche komm wier, dann hätten se nach 30 Leit kënnen weider astellen. Ech muss lech soen, ech si laang an deem Domän do beschäftigt, a bei allem Respekt, deem ech hunn, kann ech mer net virstellen, datt e Betrib 30 Leit weider stellt. Entweder e brauch se, oder e brauch se net.

(Interruptions)

An d'Goodyear, déi huet lauter Posten, wou Leit müssen drop setzen, an déi kann net higoen a soen, mir hätten der elo nach 30 weider agestellt, wann den Index net komm wier.

Wann et esou wier, Här President...

► **Une voix.** - ...d'Circulaire vun der Chambre de Commerce.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wann et esou wier, da géif ech d'Propos maachen, mer sollen als ganz Lëtzebuerg op eng Indexbranche verzichten, an d'Patronat géif sech op där anerer Säit engagéieren, bannent zwielef Méint de Chômage op null erofzesetzen, well dat wier jo dann eventuell déi Equivalenz...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat wier jo dann eventuell déi Equivalenz, wann dat Argument vu gëschter richteg ass, wat een da kéint generell zielen.

► **Une voix.** - Merci, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mir vun eiser Säit, Här President, wäerten dësem Projet haut zoustëmmen. Ech mengen, et soll eis éischt Missioun sinn, als Chamber,

als Deputéierten, fir deene Leit, déi net duerch hir Schold an de Chômage komm sinn, déi Méiglechkeeten ze ginn, fir ënner allen Ëmstänn an Aarbecht ze bleiwen, a fir déi, déi am Chômage sinn, fir datt déi mat alle Méiglechkeeten erëm eng Aarbecht kënnen kréien. Et ass näischt méi Onwierdeg fir e Mënsch a fir seng Famill, wéi wa se keng Aarbecht hunn. An duerfir musse mer elo alles maachen, fir deene Leit eng Aarbecht ze ginn, a fir déi Leit, déi keng Aarbecht duerch hir Schold hunn, datt mer déi Leit ofsécheren, fir datt si an hir Famill och an Zukunft kënnen mënschewierdeg hei an dësem Land liewen. An duerfir d'Zoustëmmung vun eis fir dëse Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, ech mengen, et ass eng zéng Joer à peu près hier, wéi eise Premier gesot huet zur Beschäftigungspolitik hei zu Lëtzebuerg, elo wär hien awer och selwer mat sengem Latäin um Enn. An zënterhier ass d'Aarbechtslosegkeet natierlech nach ëmmer weider gewuess.

(Interruption)

Mir hu gëschter hei des Öfteren iwwert de Paradigmewiessel geschwat an engem aneren Zesammenhang, an ech mengen, dass mir an der Beschäftigungspolitik wierklech e ganz seriöse Paradigmewiessel bräichten, deem och an dësem gemëschte Gesetz nach net vollzunn ass, a wou ech och net gesinn, dass e sech géif ukënnegen.

Zënter Jorzéngte gi mir eigentlech ëmmer vun deemselwechte Postulat aus. Et gëtt eigentlech genuch Aarbechtspazen. Hei zu Lëtzebuerg ginn der jo och all Joer nach ëmmer méi geschafen. Mir vergiessen dobäi, dass den Aarbechtsmaart sech iwwer eng ganz, ganz grouss Regioun erstreckt, déi wäit iwwer eis Grenzen erasuegt, dass mer also hei a puncto Aarbechtsmaart iwwerhaupt net an nationale Grenze kënnen rësonnéieren. A vu dass mer mengen, et gëtt net genuch Aarbechtspazen, da kënn et also nëmmen drop un, d'Leit och nach dohinner ze brénge respektiv dohinner ze schleefen.

An e groussen Deel vun deene Mesuren, déi an deene leschte Jore geholl gi sinn, e groussen Deel därerf ech e bëssen iwwerspëtzt awer vergläiche mat där berühmter Wuerzel an deem berühmte Bengel, „la carotte et le bâton“, meeschtens e bësse méi Wuerzel fir d'Patronen, zum Beispill a Form vun Iwwerhuele vu Sozialbäiträg, fir se ze encouragéieren Leit anzustellen, e bësse méi Bengel fir deen, deem eng Aarbecht sicht, dat heescht neierdéngs Aktivéierung.

Ech hu wuelverstanen näischt dergéint, dass ee Leit, déi keng Aarbecht hunn, begleet an hëlleft, fir dass se Aarbecht fannen. De Problem ass, dass hannert deem Begrëff „Aktivéierung“ ënnerschwelleg selbstverständlech ëmmer steet, eigentlech wëlle se net esou richteg. Mir müssen hinnen also e bëssen Dampf ënnert dem Hënner maachen, fir dass se eng Aarbecht fannen. Aarbecht, déi dann awer vläicht net do ass, well ech ebe mengen, mir gi vun deem falsche Postulat aus.

Wéi gesot, dat Gesetz hei ass gemëscht. Deen negativste Punkt, deem dra war, deem ass eras, dat brauch ech jo net nach eng Kéier ze widderhuelen, well dat ass hei gesot ginn. Ech hunn e generelle Problem mat der Mise au travail, deem ech schonn e bëssen esou ausgedréckt hunn a menger Fro un den Här Kaes.

Ech sinn net dergéint, dass ee probéiert op déi Aart a Weis d'Leit ze integréieren. Et muss ee sech just bewosst sinn, dass och domadder d'Gefor verbonnen ass, dass regulär Aarbechtspazen net geschafeginn. Well et muss ee sech jo d'Fro och stelle bei verschiddene Gemengen, ob se net op eng Mise au travail zrëckgräifen, do wou se eigentlech d'Méiglechkeet hätten oder souguer de Bedarf misst bestoen, fir regulär Aarbechtspazen ze schafen. Dofir hunn ech par rapport dozou eng gewësse Skepsis.

Ech enthalte mech bei deem Gesetz. Et si keng däitlech negativ Mesuren dran. Ech





sinn allerdéngs der Meenung, dass a verschiddene Punkte mer net wäit genuch ginn. Zum Beispill bei der Indemniséierung vun de Chômeure sinn ech der Meenung, dass mer e Schrëtt méi wäit kënnen goen. Mir müssen eis bewusst sinn, wat et heescht, wann een no engem oder zwee Joer, a Frankräich heescht dat „Fin de droit“, wann een do erausfällt. Mir hu mat déi kierzest Dauer vun Aarbechtslosenentschiedegung,...

► **M. le Président.**- Här Hoffmann, Dir misst esou lues awer sécher zum Schluss kommen!

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Ech kommen zum Schluss.

...schreift d'Chambre des Salariés, dat heescht, do gëtt et also eng Rei vu Punkten, wou een, mengen ech, hätt kënnen wierklech nach e bësse méi wäit goen, a virun allem wat mer brauchen, wéi gesot, ass e Paradigmewiessel.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo hunn ech nach op der Riednerlëscht den Här Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, aganks menger Interventioun wëll ech fir d'Éischt dann och dem Rapporteur, dem Roger Negri, Merci soe fir säin ausféierleche schrëftleche wéi och mündleche Rapport.

Ech wëll och virausschécken, datt ech déi Mesuren, déi hei an dësem Projet festgehale ginn, guer net wäert a Fro stellen, an ech wäert se och mat engem positive Votë ennerstëtzen. Ech sinn nämlech der Meenung, datt all Measure, déi zum Zil huet, de Chômage ofzebauen, och eng gutt Measure ass.

Et wär awer ubruecht, Här President, datt bei allen nach esou gutt gemengte Mesuren no enger gewëssener Zäit ëmmer géif e Bilan gezu ginn. Ech wëll dofir am Kader vun dësem Gesetz dervu profitéieren, fir op eng Rei Schwierigkeeten hinweisen; Schwierigkeeten, déi et menger Meenung no awer nach gëtt.

Ech hunn dat hei op dëser Tribün schonn e puermol gemaach, allerdéngs, an dat muss ech agestoen, ouni séier e grouse Succès. Duerno hunn ech iwwer verschidde Questions parlementaires probéiert op de Problem hinweisen, mä do, Här President, war mäi Succès nach manner grouss an d'Enttäuschung nach méi grouss.

Et geet ëm dat Uleies, dat ech hunn, ëm d'Remunéatioun, ëm d'Paien also vun de Léierbouwen an de Léiermeedercher. Et kann einfach net sinn, datt jonk Leit, déi eng Léier maachen, an der Regel wesentlech manner verdénge wéi déi Leit, déi entweder eng onqualifizéiert Aarbechtsplaz hunn oder haten, duerno an enger Mesure ënnerkommen, an dat mat der Zilsetzung, dann no engem éischten Échec awer e Beruff ze léieren. Déi Leit, déi da méttlerweil 18 Joer hunn, verdénge dann iwwert den Émwee vun där onqualifizierter Aarbechtsplaz de Mindestloun, während d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher, déi am klasscheschen Ausbildungssystem sinn, dat net hunn.

An hei, Här President, läit menger Meenung no och d'Kromm an der Heck. Net datt ech dëse Loun verschidde vun deene jonke Leit net gonne kann; neen, dat ass net de Problem. De Problem besteet einfach doranner, datt et e grouse finanziellen Ennerscheid gëtt. Dësen Ennerscheid zum soziale Mindestloun kann am aktuelle System, jee no Léierjoer, tëschent null an honnert Prozent leien. Den Ennerscheid ass am drëtten Léierjoer, oder am neien System an der zweeter Halschecht vun der Léier, selbstverständlech ass en do méi kleng wéi am éischten Léierjoer respektiv an der éischter Halschecht vun der Léier.

All Joer kënnen mir an de Publikatiounen vun der Chambre des Métiers noliesen, datt e groussen Deel vun de Léierplazen, déi vum Handwierk hei zu Lëtzebuerg ugebuede ginn, net besat ginn. Ech denken, Här President, datt dat awer Froen opwerft. An datt et un der Politik ass, sech doriwwer Gedanken ze maachen an déi Froen och wëllen ze beäntweren.

Folgend Zuelen am Handwierk missten ze denke ginn: 1990 koumeen CATP res-

pektiv CCM op aacht Entreprises. 2008 koumen nëmme méi een CATP respektiv CCM respektiv dann och nach CITP op 13 Entreprises. 1990 goung ee Brevet de maîtrise op 15 Entreprises, an 2008 sinn nach 43 Entreprises gebraucht ginn, fir ee Brevet de maîtrise ze produzéieren.

Ech sinn der Meenung, d'Handwierk brauch Léierbouwen an d'Handwierk brauch och Léiermeedercher. D'Handwierk brauch och Nowuess, an ech denken, datt ech do heibanne mat menger Meenung net eleng stinn. Mir si jo all derfir, fir dem Mëtzelstand ënnert d'Aerm ze gräifen an en och ze ennerstëtzen.

Et gëtt nach Plaz fir jonk Leit, déi eng Léier maachen. Net fir jiddwereen an och net iwwerall, zumindest am Handwierk gëtt et en duebelen Déséquiliber. En éischten Déséquiliber, dee berout op enger Inadéquatioun tëschent de Virstellung vum deene Jonken an de Besoin vum de Betriber. Op där enger Säit gëtt et Beruffer, wou d'Demande u Léierplaze méi grouss ass wéi d'Offer. Op där anerer Säit gëtt et Beruffer, wou d'Offer u Léierplaze méi grouss ass wéi d'Demande do ass.

En zweeten Déséquiliber, dee berout op enger Ongläichheet tëschent dem Profil, deen d'Betriber da verlaangen, an deem Profil, deen déi jonk Leit mat sech bréngen. Folgend Zuele vun 2009 sinn an deem Kontext explizit: Um Niveau CATP koum op eng Ausbildungsplaz ronn ee Kandidat. Um Niveau CCM koumen op eng Ausbildungsplaz ronn 2,5 Kandidaten. Um Niveau CITP koum op eng Ausbildungsplaz ronn dräi Kandidaten.

Wéinst dësen zwee Déséquilibere bleiwen awer all Joer op en Neits Léierplazen onbesat. Tous secteurs confondus waren d'lescht Joer op den 31. Dezember 211 Léierplazen onbesat. Dat sinn der vill, dat sinn der genau 211 ze vill!

D'Handwierk brauch Nowuess, allerdéngs mat deene richtege Profiler an deene richtege Beruffer. Hei ass déi schoulesch an déi berufflech Orientéierung gefuerdert. An deem Kontext waarden ech mat Spannung oder waarde mir mat Spannung an Zouversicht op de Rapport vum „Forum Orientation“.

Här President, wann ee wëllt, datt déi Jonk sech op de Wee vun enger klasschescher Léier solle beginn, da muss een déi Mesure och méi attraktiv gestalten. Méi attraktiv wéi all déi aner nach esou gutt gemengte Mesuren. Mir kennen haut oder elo dräi Ausbildungsweeën, oder och vläicht méi, wou een dervun awer dee klasscheschen Ausbildungswee ass, den Apprentissage mat enger jee no Beruff a jee no Ausbildungsjoer minimaler Remunéatioun. Dofir widerhuelen ech dat, wat ech schonns viru Joren, an dat bei méi wéi enger Geleeënheet - ech hat et uganks ugedeit - hei op der Chambertribün och gesot hunn: Mir müssen eis seriö Gedanken iwwert d'Remunéatioun vum klasscheschen Ausbildungswee maachen.

Hei gëtt wierklech eng Geleeënheet verpasst, seriö a ganz seriö an d'Aarbecht an an d'Formatioun wëllen ze investéieren. Op d'mannst misst dee Jonken no Of-schluss vu senger normalerweis dräi Joer undauernder Léier eng Prime an Aussicht gestallt kréien; eng Prime, déi dann den Ennerscheid tëschent sengem reelle Loun an dem Mindestloun géif duerstellen. Des Weidere géif esou eng Prime fir dës jonk Leit, déi och nach potenziell Créateurs d'entreprises sinn, e séchert Startkapital duerstellen.

Maache mir dat net a probéiere mir weider prioritär déi Jonk iwwer aner Weeën, Weeën, déi méi lukrativ sinn, Weeën, déi ech als zweet Méiglechkeet och guer net wëll a Fro stellen, op den Aarbechtsmaart ze kréien, dann, Här President, soen ech lech, da gëtt hei d'Päerd vun hannen opgesuedelt.

Fazit ass: Wann de reelle Wëlle vun der Politik besteet, fir méi jonk Leit an dee klasscheschen Apprentissage ze kréien, fir duerno och nach Créateurs d'entreprises ze hunn, muss een dësen Ausbildungswee, dee sech jo bis haut awer méi wéi bewäert huet, op d'mannst esou lukrativ, wann net méi lukrativ gestalte wéi all aner Ausbildungsweeën.

Här President, ech hu virdu gesot, datt ech all Mesuren, fir jonk Leit op den

Aarbechtsmaart ze kréien, Mesuren, déi an dësem oder an anere Projekte virgesi ginn, net a Fro stelle wëll. Ech hu se just hei par rapport zum bestehende klasscheschen Ausbildungswee beliecht.

Des Weidere sinn ech der Meenung, géif een op esou e Wee goen an dann no zwee oder dräi Joer ee Bilan zéien, datt déi ganz Operatioun de Stat och an dëse finanziell méi schwierigen Zäiten näischt géif kaschten. Hei gëtt op där enger Säit an d'Ausbildung, an d'Formatioun an an d'Aarbecht investéiert, op där anerer Säit, mat Sécherheet, beim Chômage kënnen déi Suen erëm agespuert ginn.

Nach ee Wuert, Här President, zu mengen dräi Questions parlementaires, déi ech d'Éinescht ugeschwat hunn. Déi éischt vum 17.9.2009; Äntwert vum Här Minister Schmit: D'Regierung wier sech der Problematik vum Ennerscheid vum deene verschiddene Remunéatiounen ganz wuel bewusst a proposéiert dofir, datt d'Madame Hetto, déi fir d'Classes moyennes zoustänneg ass, an d'Madame Delvaux, déi jo bekanntlech fir d'Schoul zoustänneg ass, datt si dat sollten emol studéieren, wat do ze maache wier fir déi Jonk, déi eng klasschesch Ausbildung maachen, fir do eng Adaptatioun vun der Remunéatioun erbaizeféieren.

Déi zweet, den 20.11.2009: D'Äntwert war ganz knapp. E verweist op déi éischt Question parlementaire an d'Informatioun, datt schonn eng Réunioun stattfonnt hätt.

Déi drëtt, den 9.4.2010, dann un déi dräi Ministären: D'Äntwert, datt d'Chambres professionnelles elo hir Propositionen sollten eraginn an datt déi Propositionen schonn all do wieren, ausser déi vun der Chambre des Métiers.

Ech wollt dozou soen, datt dat mech dunn awer e bësselchen erstaunt huet, datt et just un der Chambre des Métiers sollt hanken, wou just si dëse Problem schonns a verschiddenen Avisen zum Statsbudget selwer opgegraff huet. Dat gesot, weess ech, Här Minister, datt och dës Proposition an der Tëschenzäit awer erakomm ass an datt déi Etüden elo, denken ech, jo awer kënnen ganz zügel viruoen.

D'Chambre des Métiers huet vläicht e bësselche méi laang gebraucht. Ech weess awer, datt se sech d'Saach och net einfach gemaach huet an datt se sech mat deene verschiddene Beruffer concertéiert huet. A fir déi Formatiounen, déi vun hir gefrot waren, leien d'Montant vum de Remunéatiounen, déi schlussendlech vun hir proposéiert goufen, souguer a munche Fäll iwwert deene Montanten, déi initialement vum Ministère da proposéiert gi sinn.

Ech denken, Här President, datt mäin Uleies heibannen oppen Dieren opstéisst. An dofir soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren, an lech, Här Minister, soen ech Merci fir déi Äntwert, déi ech kréien.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Clement. Elo kritt d'Wuert den Här Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

► **Une voix.**- Merci, Här Clement!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech fänken emol direkt mat engem Merci un, Här President.

► **Une voix.**- Aaahhh!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech wëll dann och mat engem Merci ufänken, an zwar emol éischters fir den Här Negri fir déi seriö a gutt Aarbecht an deem Rapport, dee jo och vun der Kommissioun préparéiert ginn ass an diskutéiert ginn ass. Leider stellt een ëmmer fest, datt déi Leit, déi net ëmmer präsent sinn an der Kommissioun, dann op eemol hei an der Plénière déi beschtt Iddien développéieren, déi se natierlech och hätte kënnen an der Kommissioun soen, ne Dir. D'Madame Loschetter - leider ass se net hei.

(**Interruption**)

Ech kann hir dee Rotschlo net direkt mat op de Wee ginn.

(**Interruption**)

► **M. le Président.**- Den Här Clement stellt scho gär dem Här Minister eng Fro.

(**Interruption**)

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Neen, neen, dat war guer net fir lech. Et war fir d'Madame Loschetter.

(**Interruptions diverses**)

► **M. le Président.**- Also, ech géif lech elo emol alleguete bieden, dem Minister nozelauschteren, ier Der schonn hei Froe stellt!

(**Brouhaha**)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Huet den Här Clement keng gutt Iddien, oder wéi?!

(**Interruptions**)

► **M. le Président.**- Här Minister, schwätzt elo emol!

(**Interruptions**)

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech soen der Kommissioun an och hei der Chamber Merci, fir dee Projet schnell evaküiert ze hunn, trotz allem seriö beaarbecht ze hunn a schnell op den Ordre du jour hei vun der Plénière gesat ze hunn. A wann Der dat gemaach hutt, da mengen ech, datt Der och am Kapp hat, wat dee Projet eigentlech heescht.

Dee Projet, deen heescht fir verschidde Leit e reelle Soulagement. E reelle Soulagement, well et hei ëm Leit geet, déi länger Zäit am Chômage sinn, déi gären, an ech soe ganz kloer, déi meescht vun hinnen, déi grouss Majoritéit vun hinnen, gären an hirer Boîte e Bréif géife fannen, wou dra géif stoen, datt se engagéiert sinn. An déi Floskelen, fir ze soen, ma deen, deen am Chômage ass, deen ee Joer am Chômage ass oder méi, dat ass eigentlech een, deen net gär schafft, ech mengen, dat si Floskelen, déi ganz wéineg mat der Realitéit vu villen, vun enger Majoritéit vu Chômeuren ze dinn hunn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Sécher, wann ech gewëssen Avisé liesen, da gëtt gesot, Dir setzt elo d'Indemnitéiten erop. Et ass virdu gesot ginn, Dir probéiert erëm alles mat Suen ze regelen an Dir vergiesst, an d'Mënschen ze investéieren. Neen, mir vergiessen doudsécher net, an d'Mënschen ze investéieren. D'Prioritéit bleift den Investissement an d'Mënschen.

Mä eng aner Prioritéit ass effektiv, wéi deen een oder deen anere vun lech et gesot huet, deene Mënschen, déi dostinn, déi de Gank op d'ADEM musse maachen, déi oft mussen dohi goen, fir deenen awer net en Zeechen ze ginn, datt se eigentlech scho vun der Gesellschaft fale gelooss gi sinn. Dat ass de Problem.

Ech weess ganz genau, datt deen heite Projet de Chômage net hei zu Lëtzebuerg léist. Dat hei ass e Projet, deen ee kleng Volet, ee klengen Deel vun der Beschäftigungspolitik ausmécht, an zwar deen, deen aus der Urgenz kënnt, aus der Noutsituatioun vun enger Kris, aus der Situation particulière vun engem Aarbechtsmaart, deen esou ass, datt et net méi automatesch fir jiddwereen, deen emol seng Aarbecht verluer huet, erëm eng Aarbecht gëtt no sechs, siwen oder aacht Méint, mä datt et der och ëmmer méi gëtt, déi ee Joer waarden an iwwer ee Joer eraus.

Et ass fir déi emol fir d'Éischt, wou mer dee Projet hei gemaach hunn. A leider, vill vun deene si sougenannte Senioren. Wou kee weess, wou d'Senioritéit eigentlech elo ufänkt, ob se elo bei 45, fir Verschiddener fänkt se schonn drënner un, déi op eemol gesot kréien, du bass ze al, du bréngs et net méi an du bass besonnesch och nach deier. Géi du elo emol e bëssen eraus, dech brauche mer net.

Dat ass d'Realitéit, déi sech breitmécht, besonnesch an enger Zäit, wou an de Betriber den Drock verstärkt gëtt a wou dann natierlech och ëmmer gekuckt gëtt, wou kann ech dann elo prioritär Leit lassginn, an da ginn ech natierlech déi lass, wou ech mengen, datt se e bësse manner effikass sinn, „ce qui serait encore à démontrer“, a besonnesch vläicht duerch





d'Progressivitéit an de Konventiounen e bësse méi deier sinn.

Ech sinn eigentlech iwwerrascht, datt zum Beispill een Aspekt an deem Projet de loi, deem dee particulièrement Problem ugeet a wëllt an d'Betriber erandroen, an d'Diskussioun vun der Beschäftigungspolitik erandroen, deem, datt mer en extrae Punkt am Plan de maintien dans l'emploi setzen, an zwar datt muss besonnesch an deene Plans de maintien iwwert d'Senioren diskutéiert ginn, iwwert déi particulier Problemer vun de Senioren. Dat ass eigentlech e kloert Zeechen, datt mer müssen net eng kleng Mesure mat Sue regelen, mä datt mer musse ganz geziilt enger Kategorie vu besonnesch gefährdete Leit um Aarbechtsmaart haut Rechnung droen.

An ech kann lech versprechen, d'Thema vun de Senioren, à tout moment sinn ech bereet, hei bei lech ze kommen, ob et an der Kommissioun oder an der Plénière ass, wäerte mer am Hierscht grouss ugoen, a mat de Sozialpartner hoffen ech, ech hunn dat och an der Tripartite kloer gesot, diskutéieren, wéi mer och hei zu Lëtzebuerg dee Problem besser kënne léisen.

Ech hu gemierkt, datt deem hei Projet nëmmen e klengen Deel ass vun engem Ganzen, also muss en och an dat Ganzt integréiert ginn. An ech sinn e bësse verwonnt, mä et huet een esou vill ze liesen, datt een net ëmmer kann d'Exposés des motifs och nach liesen, wann een d'Projet gelies huet, datt mer natierlech an der Tripartite iwwert d'Reform vun der ADEM diskutéiert hunn, datt mer iwwert d'Formation continue diskutéiert hunn, datt et en Deel ass vun deenen zwielef Punkte vun enger aktiver Beschäftigungspolitik, déi mer wëllen..., amgaang sinn iwwerengens en musique ze setzen an zesummen och ëmzesetzen. Ech ginn elo net méi op all Aspekten an.

Ech wëll awer ee Punkt soen, wou ech eigentlech och iwwerrascht sinn, datt keen dervu geschwat huet. An dat ass dat, wat d'Fins de droit ubelaangt. Mir hunn 3.000, ech mengen, den Här Negri zitéiert se a sengem Rapport, d'lescht Joer, oder 2.500 Fins de droit gehat, dat heescht Leit, déi eigentlech näischt méi hunn, déi no engem oder zwee Joer um Enn si vum Chômage.

Elo kann ee soen, et ass der ADEM hir Schold, dat ass deene Leit hir Schold. Et ass e Fait, datt se um Enn vun hirer Indemnitéit ukomm sinn. A mir musse besonnesch op déi kucken a soen, wat maache mer mat deene Leit. An do ginn ech dem Här Kaes Recht: Mir hunn en Instrument, wat mer elo änneren, wat mer net méi Mise au travail nennen, mä wat mer Occupation temporaire indemnisée nennen. Och d'Wierder hunn hir Significatioun. Och d'Changementer vun de Wierder, déi sinn net einfach esou, well mir gären nei Konzepter an d'Welt geheien. Neen, dat huet och e Sënn an der Manéier, wéi mer un dee Problem vun der Mise au travail eruginn.

Mir haten 200 an eppes actuellement, wou mer à peu près 200..., eppes iwwer 200 Mises au travail. Wat geschitt mat deene Leit, wa se un d'Enn komme vun der Mise au travail, dat heescht, wa se un d'Enn vun hirem Chômage kommen? Ben, da gi se au mieux - au mieux, wa se Recht drop hunn - an den RMG gesat. An do sëtze se. A wat se méi laang am RMG sëtzen, wat se eigentlech de Wee an eng Aarmut, eng materiell Aarmut, mä besonnesch an eng psychologesch, an eng mënschlech Aarmut ginn; wat se sech ëmmer méi vum Aarbechtsmaart ewechbewegen, wat et ëmmer méi schwéier gëtt, fir se aus deem System erëm reell op den Aarbechtsmaart ze kréien.

Mir hunn awer komescherweis och am RMG e System, deem heescht ATI. ATI, dat heescht Affectation temporaire indemnisée, mä bon, dee gëtt operéiert haapt-sächlech vum SNAS, a wou probéiert gëtt, Leit aus deene Situatiounen am RMG an eng Beschäftigung eranzubringen, fir ze soen, bon, den RMG, dat ass e Loun oder esou eppes Ähnlech, ass e Revenu, besser gesot. Et ass e Revenu, mä déi Leit,

déi kënne schaffen, missten eigentlech och dogéint eng Prestatioun maachen.

An dann dauert et heiansdo Méint, voire méi wéi Méint, ier eventuell een ufänkt, sech mat engem RMGist emol ofzeginn an ze kucken, ob deem dann och kéint op esou eng Aart ATI erabruucht ginn. An déi Persoun, déi vläicht aus dem Chômage komm ass an déi eng Mise au travail oder zukünfteg OTI hat, déi huet déi missen opginn, fir an den RMG ze goen, an dann au mieux no Méint oder och vläicht no zwee Joer op eemol eng ATI ze kréien.

Firwat? Mä well mer zwou Administratiounen hunn. Mir hunn eng ADEM, déi géréiert de Chômage, a mir hunn e SNAS, dee géréiert den RMG. A mir müssen also higoen, an dat steet am Regierungsprogramm, mir müssen déi Administratiounen, wa mer se net fusionéieren - do gëtt et och schlecht Beispiller, wann een dat mécht -, da musse mer zumindest et fäerdeg bréngen, déi zwou Approchen, déi zwou Administratiounen enk mateneen ze verbannen.

Datt d'Approche par rapport zu deem, deem am Chômage war a seng Rechter am Chômage verluer huet, deem an enger Mise au travail, nei OTI ka sinn, a mir müssen effektiv verschidde Leit wahrscheinlich méi nach an esou Mesurë setzen, datt deem, wa seng Droiten do fäerdeg sinn, eigentlech en normalen Iwwergank huet, ouni datt en awer déi Occupatioun, déi jo awer Sënn mécht - an ech mengen, mir kruten dat jo gesot, déi ganz oft soziale Bedürfnisser entsprécht oder anere Bedürfnisser an der Gesellschaft -, datt déi Persoun déi ka weidermaachen.

Dat ass eng wesentlech Erneuerung, wéi mer zwee Pölen, dee vun dem Sozialen, vun der Sozialpolitik op där enger Säit, a vun der Beschäftigungspolitik aneneebringen, zesummebréngen. An dat ass eigentlech eng strukturell Moosnam, déi net nëmmen heimat ufänkt, déi mer elo musse konsequent weiderféieren. Dat ass eng vun den innovativen Iddien, an ech sinn eigentlech iwwerrascht - esou ass dat eben, heiansdo mengt een, et hätt een eng gutt Iddi a si gëtt emol net beuecht.

► **Plusieurs voix.**- Oooohhh!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech wëll awer elo op ee Wuert zrëckkommen, op d'ADEM an och déi Debatt iwwert d'Goodyear. Also, wann ech gelift, d'Goodyear stellt net 170 Leit an, si annonciéiert dat net gëschter eleng op der Tëlee. Mir wëssen dat schonn, Verschiddener vun lech wëssen dat ganz gutt, scho säit Wochen, datt dat ass. D'Goodyear annonciéiert, mir stellen 170 Leit an, a kee weess et, a besonnesch d'ADEM weess et net.

Wann ech gelift, ech mengen, e bëssen Décence. Esou ass et net. Wann ech dat da muss richtigstellen, da wëll ech dat awer hei maachen.

D'ADEM schafft säit Woche mat Atelieren, mat de Consultants drun, a mat den Initiative pour l'emploi, fir do Leit sichen ze goen, erauszehuelen, fir bei d'Goodyear ze schécken. An de Problem ass, an dat mécht mech och traureg, Här Bauler, de Problem ass, datt trotz deenen Efforten, déi d'ADEM mécht - an d'ADEM ass net grad esou, wéi se hei ëmmer presentéiert gëtt, si ass net gutt, mä si ass awer och net esou schlecht, wéi et ganz einfach mat e puer Schlagwierder ze soen ass. D'ADEM probéiert e Maximum vun deene Leit aus där héijer Zuel vu Chômage erauszefannen, déi dem Profil vun der Goodyear entspréchen. Mä um Endeffekt ass et net d'ADEM, déi d'Leit astellt. Et ass d'Goodyear, déi d'Leit astellt. An d'Goodyear natierlech huet ganz prezis Virstellungen an och Fuernernisser, déi se un déi Leit stellt, déi se elo astellt.

Mä ech soen lech ganz kloer, datt mer keng Méi an deene leschte Woche gescheit hu bei der ADEM a wou nach ëmmer, fir e Maximum vu Leit ze fannen. Mä, onse Problem ass net, datt elo d'ADEM net gutt géif organiséiert ginn, fir 140 Leit ze fannen. Dat ass amgaang probéiert ze ginn ze geschéien. Mä onse Problem ass, datt mir natierlech ënner onsen Demandeurs d'emploi vill Leit hunn, déi deene Profiler, déi d'Goodyear stellt, déi d'Goodyear freet a wou d'Goodyear

net mat sech driwwer diskutéiere léisst - an ech mengen, et ass e Betrib, déi hu Recht, déi hunn hir Standarden -, datt déi Leit net ëmmer deene Profiler entsprechen. An datt d'Goodyear déi Leit net gär a sech Méint hätt.

D'Goodyear hätt gär déi Leit muer, well elo ass de Marché, deem unzitt. Elo müssen d'Pneue gebaut gi fir verkaaft ze ginn. Wat a sech Méint oder an néng Méint oder an zwielef Méint oder a 16 Méint geschitt, dat weess keen, och d'Goodyear net. Duerfir ass jo och en Deel vun deenen Emploien, déi elo d'Goodyear emol schaaft, an ech félicitéiere mech, datt déi Entreprise dat mécht, si jo elo emol Joben op Zäit an net mat engem Contrat à durée indéterminée.

Et ass also e bëssen anescht, wéi heiansdo dat presentéiert gëtt.

Mir haten net méi spéit wéi gëschter eng Réunioun mam Commerce. De Commerce stellt an, a mir fannen net déi Leit, déi dem Commerce gefalen, déi bereet sinn, an de Commerce schaffen ze goen. Anscheinend hu mer an der ADEM Leit, grosso modo, déi ugin, an dat sinn der iwwer 3.000, déi soen: „Jo, ech kéint mer virstellen, eventuell an de Commerce schaffen ze goen.“ Mä bon, wa sech dann d'Situatioun presentéiert, dann entspréchen déi Leit awer ganz oft net deem, wat ee sech am Commerce ënner engem Vendeur virstellt.

Mir sinn also elo amgaang, mam Commerce ze probéieren, an der ADEM, där neier ADEM, déi en route ass, an net elo drop waart, ob mer elo en Établissement public oder wéi mer och ëmmer déi Organisatioun do nennen, fir ze probéieren, e Programm opzestellen, mat den Acteuren aus dem Commerce - well meng Approche ass, Dir hutt et gesot, an dat ass ganz richtig: Mir müssen d'ADEM erausbréngen, mir müssen d'ADEM bei d'Entreprise bréngen. Mir müssen d'Besoinë vun den Entreprises identifizéieren. An da kucken, wat fir eng Leit korrespondéieren, respektiv wat kënne mer deene Leit ginn, déi net 100%eg korrespondéieren, fir se employabel ze maachen a fir se an déi Secteuren ze bréngen.

Dat ass d'Philosophie vun där neier ADEM. Do sinn ech total mat lech d'accord. Mä déi Philosophie ass amgaang, lues a lues en musique gesat ze ginn. Mä, et ass net mat engem Gesetz, wou Der eng Organisatioun, déi iwwer Jorzéngten e gewësenen Train-train ugeholl huet, vun haut op muer ännert.

Wéi seet den Här Crozier? Ech mengen, ech hunn dat schonn eemol gesot: „On ne change pas une société par décret.“ An et changéiert een och net eng Organisatioun, ob se elo Administratioun heescht oder ob mer d'Schëld do erofhuelen a mir schreiwe grouss Établissement public driwwer, déi changéiert een net mat engem Fiederstréch, andeem een d'Appellatioun ännert.

Dat ass eng Mentalitéit, dat ass eng Kultur, do ass eng Formatioun noutwendeg. Déi Kultur, déi si mer amgaang an d'ADEM ze bréngen. Mir bréngen d'Leit, och déi, déi vum Placeur an de Conseil professionnel wiesselen, och do huet d'Semantik hir Wichtigkeet. Si sinn net méi de Placeur, deem een hält vun hei an e setzt en op eng Plaz, mä si musse sech mat de Leit ausenansetzen. Mä dat ass eng Kultur.

Ech ka jo net déi Leit do, déi elo an der ADEM schaffen, all erausgeheien. Wou ginn ech dann déi aner sichen? Ech hu probéiert, 40 Leit sichen ze goen. Ech soen lech, fir Leit ze fannen, déi deem Job wëlle maachen zu deene Salaires, déi se bezuelt ginn, ass net - och hei zu Lëtzebuerg an där Situatioun, wou mer elo sinn - esou ganz einfach gewiescht. Mir hu se, ech mengen, elo plus ou moins fonnt. Mä dat war eng relativ laangwiereg Operatioun, fir déi Leit ze fannen.

Dir hutt gesot, an et ass richtig, datt mer Initiative lancéiert hu wéi den „Fit for job“. Dat war e Pilotprojet an der Finanzindustrie. Dee Pilotprojet, dee gëtt elo ausgeweit. Dee gëtt elo op aner Secteuren ausgeweit. Gëschter hu mer déi éischt Jalonë gesat mat der Konstruktioun, fir ze kucken, wéi mer d'Kompetenze vun de Leit evaluéieren, déi an d'Konstruktioun ginn. Dat si Beräicher, dat si Secteuren, déi Leit embauchéieren.

Wou et awer wichteg ass, nach eng Kéier, datt mer mat de Secteure Profiler definéieren, mä awer och kucken, ob déi Leit, déi eventuell an eng Entreprise geschéckt ginn, deem Profil reell korrespondéieren. Well wann ech bei mäi Conseiller professionnel ginn an ech soen, ech sinn dat an dat, dann hält deem un, datt ech dat sinn. Mä et ass awer nach net acquis, datt ech och déi Kompetenz hunn.

Mir müssen also kucken, wa mer Leit sollen an en Emploi erakréien, datt se och déi Kompetenz reell hunn. A wa se se net hunn, da musse mer vläicht iwwer Formatiounen et fäerdeg bréngen, hinnen, wann dat méiglech ass, déi Kompetenzen ze vermëttelen.

Duerfir: Dat ass e Prozess. Dat ass eppes, wat een net vun haut op muer ka maachen. Dat ass e Prozess vun der Ëmgestaltung vun enger grousser Entitéit, déi ADEM heescht. An déi amgaang ass mat de Leit... Ech mengen, d'Initiativ vun där Ëmgestaltung, déi kann nëmme mat de Leit, déi do schaffen, kommen. Déi kënnt leider net vum Minister eleng an déi kann och net iwwer Gesetz - mat allem Estime, deem ech fir lech hunn -, dat Dir hei stëmmt, einfach esou geschéien. Mir müssen dat mat de Leit maachen, déi do schaffen.

An Dieu sait, ech hat virun enger Woch, virun e bësse méi wéi enger Woch all d'Leit vun der ADEM zesummen. Alleguer! A si waren alleguer, bal alleguer do, wou mer iwwert déi Saachen do diskutéiert hunn, wou se kloer gesot hunn, wat déi nei Philosophie an déi nei Approche vun der ADEM wäerte sinn. An ech soen lech, ech stinn lech zu all Moment à disposition, fir iwwert d'Reform vun der ADEM, iwwert déi nei Approchen, iwwert d'Organisatioun vun der ADEM ze diskutéieren.

► **M. le Président.**- Här Minister, Dir misst awer elo lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech kommen elo zu Enn, well den Tour de France, dee wäert elo gläich ukommen.

Duerfir, wann ech gelift: Sécher musse mer viles ëmdenken an onser Beschäftigungspolitik, mä e puer Schlagwierder, ob déi elo proaktiv, offensiv, innovativ a vernetzt, wann ech déi bis gesot hunn, da muss ech soen, dann hunn ech nach näischt gesot. Da muss ee mer soen, wat dat konkret heescht. Konkret, wat maachen ech mat de Leit? Wéi traitéieren ech d'Leit? Wéi bréngen ech d'Leit an en Emploi? Wéi organiséieren ech meng Formatiounen?

An elo erlaabt mer awer, dem Här Clement nach ze äntwerten, well dat ass, mengen ech, ganz wichteg, wat e gesot huet.

Ech gehéieren zu deenen, déi absolut derzou stinn, datt d'Handwierk en essenzielle Pilier vun eiser Economie ass, an datt mer alles musse maachen, fir dee Pilier net nëmmen ze halen, auszebauen, ze moderniséieren, an datt mer e Maximum vu jonke Leit musse motivéieren, fir de Wee an d'Handwierk ze goen, iwwert den Apprentissage, deem zolidd ass, deem op zukünfteg Métieren hiweist an deem hinnen och d'Ouverture gëtt, fir effektiv enges Daags selwer hire Betrib ze kreéieren oder eventuell - an ech mengen, do läit och e grouss Besoin - e Betrib ze iwwerhuelen.

Dat ass ganz kloer. Mir müssen also an onse Schoulen eng besser Orientatioun maachen. Mir sinn amgaang, un där Orientatioun... Dir wësst, wann dräi Ministère matenee schaffen, dann ass dat alles e bësse méi schwéierig an e bësse méi laangwierig - dat bedauern ech ganz staark an ech menge jiddwereen -, mä da brauch dat e bëssen Zäit, déi Konzepter vun Orientatioun, wou fir mech besonnesch och d'Handwierk muss en zentrale Rôle hunn, en place ze setzen. Mir hunn am September erëm eng nei Réunioun, fir ze kucken, wéi dat soll weidergoen.

Ech bedauern natierlech, datt oft Entreprises net méi genuch Plazen annonciéieren...

► **M. le Président.**- Här Minister, Dir misst awer elo wierklech zum Schluss kommen. Mir sinn elo bal op 20 Minuten. Dir hutt also scho bal fënnf Minutten iwwerzunn. Ech mengen, Dir musst awer elo hei bal zum Schluss kommen.





(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Dir loosst alles zou.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- Ech maachen elo do Schluss. Här Clement, mir ënnerhalen eis am Couloir iwwert déi Iddien.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- Ech stelle just fest, hei gëtt iwwert d'Beschäftigungspolitik laang diskutéiert, mä wann ee konkret gëtt, dann ass et Schluss.

Bon, Merci.

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Sou, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6147 ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen an 11 Enthaltungen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6147 est adopté par 43 voix pour et 16 abstentions.*

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

*Se sont abstenus:* MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Als Nächst hu mer de Projet de loi 6110, d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Eisebunnsinfrastruktur. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just den Här Berger ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### 3. 6110 - Projet de loi ayant pour objet

**A) la transposition en droit national de la directive 2007/58/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 modifiant la directive 91/440/CEE du Conseil relative au développement de chemins de fer communautaires et la directive 2001/14/CE concernant la répartition des capacités d'infrastructure ferroviaire et la tarification de l'infrastructure ferroviaire;**

**B) la création d'un organisme de contrôle du marché ferroviaire;**

**C) de modifier la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation;**

**D) de modifier la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun enger gudder Stonn hu mir d'Gesetz iwwert den Institut luxembourgeois de régulation op de Leescht geholl an ënner anerem derfir gesuergt, dass dëst Organ an der Konformitéit zu den europäesche Bestëmmungen a voller Onofhängegkeet seng Aarbecht maache kann. Domat si mir mam éischten Deel vun der Reform vum ILR duerch a kënnen eis elo mat der so-disant zweeter Phas beschäftegen, déi doraus besteet, datt mir eisem nationale Regulatiounsinstitut eng weider Missioun mat op de Wee ginn.

Wéi eis mäi Fraktiounskolleeg, de Marcel Oberweis, a sengem mëndleche Rapport zum ILR-Projet drun erënnert huet, bezitt sech momentan de Kompetenzberäich vum ILR op den Telekommunikatiouns-, den Energie- an de Postberäich. An Zukunft kënt bei dës dräi Beräicher e weideren Domän...

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, wann ech gelift dem Här Rapporteur nozelauschteren!

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- ... derbäi, an zwar dee vun der Eisebunn. A fir dass dëst méiglech gëtt, huet de Minister vun der nohalteger Entwécklung an den Infrastrukturen den 3. Februar 2010 dëse Gesetzesprojet an der Chamber déposéiert.

De 24. Abrëll sinn ech an der Kommissionssitzung vun der nohalteger Entwécklung zum Rapporteur vum Projet genannt ginn. Duerno hu mir den 2. Juni an der Kommissioun den Text an den Avis vum Statsrot, deen de 4. Mee erauskomm ass, ënnert d'Lupp geholl. Dobäi hu mir eis op eng Rei Ännerunge géeneegt, déi dunn un de Statsrot geschéckt gi sinn. Déi héich Kierperschaft huet eis hir zousätzlech Meenung dozou den 29. Juni matgedeelt. An do hu mir de 7. Juli 2010 an der Kommissioun dat alles analyséiert a schlusslech de schrëftleche Rapport zu dësem Projet ugeholl.

Da wëllt ech preziséieren, dass niewent dem Statsrot och d'Chambre des Salariés - well d'Eisebunner, wat vill Leit net wëssen, net an der Chamber des Fonctionnaires, mä an der Chambre des Salariés sinn - en Avis zum Projet eragereecht huet, an dat den 22. Abrëll vun dësem Joer.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, wéi beim Projet iwwert den ILR huet och dësen Text hei als Ausgangsbasis eng europäesch Direktiv, déi et gëllt an nationaalt Recht ëmzesetzen. An zwar handelt et sech ëm déi eng Direktiv vum 23. Oktober 2007 mat der Nummer 2007/58. Déi Direktiv ass en Deel vum sougenannten drëften Eisebunnsapak, dee schonn am Joer 2004 virgeluecht gouf, mä eréischt 2007 vun den europäeschen Institutiounen definitiv gestëmmt ginn ass. Genee wéi déi zwee viereg Päck soll dësen drëtte Pak dozou bäidroen, datt déi gemeinsam europäesch Transportpolitik an d'Wierklechkeet ëmgesat gëtt.

Ëm wat geet et dann elo bei dëser Direktiv? Ma ënnert dem Stréch verflachte sech d'Memberstate vun der Europäescher Unioun dozou, den Accès, d'Benotzung an d'Gestioun vun hire Schinneréseau vum engem onofhängegen Organ kontrolléieren a reguléieren ze loossen.

Hei zu Lëtzebuerg ass d'Kontroll vum Eisebunnsnetz bis elo vum Transportministère gemaach ginn. Esou gesäit et den Artikel 22bis vum Gesetz aus dem Joer 1999 iwwert den Zougang an d'Benotzung vum Eisebunnsnetz vir, dass am Fall, wou en Eisebunnsbetrieb, deen de Schinneréseau benotzt oder benotze wëllt, sech vum Organ, dat d'Lizenz verdeelt, benodeelegt behandelt fillt, sech beim Transport-

ministère doriwwer beschwéiere kann. An dësem Fall gëtt dann eng Spezialkommissioun agesat, déi den Dossier ënnersicht, ier de Minister dann eng begrenzten Décisioun hëlt.

D'Europäesch Kommissioun kritiséiert dës Praxis awer ganz staark, well si där Meenung ass, dass déi Spezialkommissioun net genuch onofhängeg ass, well si dem Transportminister hierarchesch ënnersteet. Hei verlaangt d'Kommissioun Strukturen, déi net vun der Eisebunn respektiv aus dem Perimeter vum Transportministère oder an eisem Fall vum Développementsministère ofhänken.

De Gesetzesprojet gesäit an deem Sënn vir, dass hei zu Lëtzebuerg an Zukunft d'Kontroll an d'Reguléierung vum Eisebunnsnetz vum ILR iwwerholl soll ginn. Den nationale Regulatiounsinstitut soll derfir suergen, dass op deem Marché keen Acteur diskriminéiert gëtt, dass et effikass funktionnéiert, an dass an deem Beräich d'Konkurrenz no alle Regele vun der Konscht spille gelooss gëtt.

Ganz wichteg ass, dass d'Membere vum ILR onofhängeg vum Eisebunnsnetz musse sinn an net d'Interesse vun engem Eisebunnsbetrieb verrieden däerfen. Ausserdeem muss den ILR e fräien Zougang zum lëtzebuergeschen Eisebunnsnetz garantéieren a Recommandatioune maachen, Statistiken opstellen a sech mat de Kontrollorganismen aus anere Länner ofschwätzen. Virun allem gëtt den ILR duerch dëse Projet dat Organ, un dat sech en Eisebunnsbetrieb wende kann, wann e fënn, e wier ongerecht behandelt gi vum Gestionnaire oder vun aneren Acteuren um Schinneréseau. Da kënn Strofen ausgeschwat gi bis zu der Héicht vun 150.000 Euro.

À propos Suen: Et ass natierlech och wichteg, fir bei dësem Projet e klengt Wuert zur Finanzéierung vun deem Ganzen ze soen. Sou limitéiere sech d'Käschten duerch déi nei zousätzlech Fonctiounen, déi den ILR soll kréien, op eng 115.200 Euro. Dëst Geld ass fir neit Personal virgesinn, wat bei der Schafung am ILR muss gemaach ginn.

Interessant ass ze wëssen awer och d'Tatsaach, dass an deene leschten dräi Joer keng - ech widderhuelen: keng - Plainte bei deem aktuelle Kontrollorgan géint d'Acteuren um Eisebunnsnetz agaangen ass. Wat also beweist, dass och eise System, wéi mer en am Virfeld ëmgesat haten, wonnerbar geklappt huet, an dass mer hei just musse kucken, eis den europäeschen Direktiven unzepassen.

Zum Schluss wollt ech och nach kuerz ënnersträichen, dass de Statsrot niewent enger Rei juristescher Bedenken, deenen d'Nohaltegeeketskommissioun duerch entsprechend Amendementer Rechnung giedroen huet, a sengem Avis virun allem där Meenung war, dass et net einfach wäert ginn, fir de Kompetenzberäich tëschent der Adminstration des chemins de fer an dem ILR ze klären. Duerfir hätt de Statsrot gare gehat, dass d'Administration des chemins de fer esou mann wéi méiglech an d'Kontroll vum Eisebunnsnetz agräift. Fir drun ze erënnern: Mä et war nach ni eng Plainte do. Duerfir hu se jo bis elo nach net agegraff. Duerfir just fir och dat awer eng Kéier wëllen ze soen.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, esou vill zu menger Säit zu dësem Projet. De schrëftleche Rapport läit vir. An ech mengen, do stoung och alles dran.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Merci!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Marc Spautz. Dat war ganz komplett. Wëllt de Minister nach eppes dozou bäifügen? Ech hu gesinn, et ass kee Riedner méi agedroen.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, ech wëll just Merci soen der Kommissioun fir déi Aarbecht an dem Rapporteur selbstverständlech fir deen extrem gudde Rapport, deen e gemaach huet. An do hunn ech näischt bäizefügen.

► **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(Brouhaha général)

De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6110 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Roger Negri), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydia Mutsch), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6014 iwwert d'Administration des Ponts et Chaussées. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Diederich, Bausch, Henckes an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

### 4. 6014 - Projet de loi portant réorganisation de l'Administration des Ponts et Chaussées

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 13. Mäerz 2009 huet den Travaux-publics-minister, den Här Claude Wiseler, de Projet zur Reorganisatioun vun de Ponts et Chaussées hei déposéiert. E gutt Joer duerno, den 23. Mäerz, huet dunn de Statsrot säin Avis dozou ofginn. Virun engem décke Mount, den 8. Juni, huet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics och hir Meenung zu dësem Projet ofginn.

Well de Projet scho virun de Wahlen déposéiert ginn ass, war mäi Fraktiounskolleeg, den Här Ali Kaes, als éischte Rapporteur dovunner genannt ginn. No där neier Opdeelung awer du vun de Ministèren an de Chamberskommissiounen ass mir dunn déi Éier zudeel komm. Den 28. Abrëll 2010 huet d'Nohaltegeeketskommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert. De 5. Mee hu mir an der Kommissioun eng Rei Amendementer ugeholl, déi de Statsrot sengersäits den 22. Juni aviséiert huet. Den 30. Juni huet d'Kommissioun dësen Avis analyséiert an et fir néideg befonnt, nach eemol d'Amendement unzehuelen, dat de Statsrot de 6. Juli dunn nach eng Kéier aviséiert huet. Schlusslech konnt d'Kommissioun de virleiende Rapport an der Sitzung vum 7. Juli un-